Dir, Dir genau hutt gesot: Question avec débat! Firwat hutt Der dann net gesot: Débat d'orientation?

(Interruptions)

Dat ass dach e Witz dat do, Här President! Ech huelen lech fir Zeien! Dann hätt Der dat solle proposéieren! Muss ech dann elo iwwer an de Büro goen an elo erëm e Bréif maachen, fir en Débat d'orientation doriwwer ze froen?

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Mir maachen lech deen, Här Krecké!

(Interruptions)

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Dir braucht mir näischt ze maachen, ech kann deen och nach eng Kéier ufroen!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Musse mir lech soen, wat Dir sollt maachen?

(Interruptions)

M. le Président.- Den Här Justizminister Luc Frieden huet d'Wuert nach eng Kéier.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Ech wollt der Mme Err hir zwou Zousazfroen dann...

(Hilarité)

...beäntweren.

Zur éischter Fro. Et kann ee schonn a 5 Minutten, wann ee kloer lddien huet, och kloer soen, wat ee wëllt maachen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Abee jo, an där do Matière?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Ech halen net vill vu laange Rieden. An 10 Minutte kann ee méi soen, mä et kann een et net onbedéngt besser soen. Dofir: Ech hunn lech gesot, wat mer an deem Projet hei wëlle maachen.

Déi zweet Fro ass déi, ob et net besser gewiescht wier, hei en Débat, an deen d'Oppositioun och agebonne gi wär, ze maachen. Ech mengen, op esou enger Fro muss ee jiddfereen héieren. Ech soen awer och gradsou, datt mer d'Erfahrung hunn, ganz oft bei Débaten a grad op esou schwierege Froe wéi dësen, wou ee kloer politesch Choixe muss maachen, dass gesot gëtt: D'Regierung mécht hei Débaten, well se net kloer weess, wat se wëllt maachen.

Mir hunn an der Regierung doriwwer diskutéiert. Ech weess ganz genee, wat mir an dëser Matière wëlle maachen. Ech hu versicht dat virdrun ze soen. Mir lauschteren natierlech no, wat déi eenzel Leit dozou ze soen hunn, mä ech mengen et wier och net falsch, wann de Justizminister an och déi aner Ministeren, déi aner Voleten ze couvréieren hunn, mat hire Projete kommen an da ginn déi kontradiktoresch hei am Parlament diskutéiert.

Ech soen et nach eng Kéier: Mir lauschteren no, mä mir wëssen och, wat mer an dëser Matière wëlle maachen, wéi wäit mer wëlle goen, an dat gesitt Der, wéi gesot, am Hierscht, mä dobäi soen ech awer och: Mir ralliéieren eis deem, wat d'Parlament gären hätt. Wann d'Parlament nach gären en Débat hätt, un der Regierung soll dat net scheiteren.

(Interruptions)

M. le Président.- Domat wier dee Punkt ofgeschloss a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4717 iwwert déi budgetär Upassung vu verschiddene Bauprojeten.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et sinn ageschriwwe bis elo: déi Häre Weiler, Krecké, Schummer, Henckes, Bausch, Bisdorff a Mehlen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nicolas Strotz.

4. Projet de loi 4717 relatif à l'adaptation budgétaire des projets de construction Campus Geesseknäppchen, Centre pénitentiaire, Musée d'Art moderne Grand-Duc Jean et Centre National Sportif et Culturel

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Nicolas Strotz *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. An enger vun den éischte Sitzunge vun der Kommissioun vun den Travaux publics an där neier Legislaturperiod an zwar de 14. Februar 2000 hu mir op Initiativ vun der Mme Minister eis eng éischte Kéier mat den Depassementer vun Devien, déi am heitege Projet enthale sinn, ofginn.

Der Mme Minister war dru geleeën, fir offe mat der Kommissioun iwwert déi bevirstoend Kreditdepassementer, op déi si keen Afloss hat, vu dass et sech ëm Projeten handelt, déi vun der viregter Regierung ausgeschafft gi waren, ze diskutéieren.

Si huet deemools och ugekënnegt, dass se e Projet de loi iwwert déi Depassementer géif déposéieren, wat se dann de 27. Oktober 2000 gemaach huet.

Den 13. Mäerz 2001 krute mer den Avis vum Statsrot an den 23. Mee hu mer de Rapport vun der Kommissioun majoritär ugeholl. Gläichzäiteg an där Réunioun huet si awer och op d'Schwieregkeeten higewisen, déi nun emol besti bei der Ausschaffung vun engem Projet de loi am Beräich vun den öffentlechen Aarbechten. Den Devis muss erstallt ginn opgrond vun engem Avant-projet sommaire, esou dass et ni ausgeschloss ass, dass et nodréiglech zu Kreditdepasse-

menter ka kommen aus wéi engen Ursaachen och ëmmer - wourop ech nach zréckkommen -, an ouni dass bewosst Verschëlde vun iergendengem virläit.

D'Mme Minister huet deemools och schonn e Wee opgezeechent, wéi een aus där Situatioun kënnt erauskommen, an zwar iwwert de Wee vun engem duebele Vote vun der Chamber, ee Vote wou de Prinzip vum Projet arrêtéiert gëtt an een zweete Vote méi spéit bei der genauer Erfaassung vun den Onkäschten. Dëst ass ee Wee, dee gangbar ass, fir deen awer légiféréiert muss ginn.

Och hat d'Mme Minister, an dat ass alles am Rapport vun der Kommissioun nozeliesen, proposéiert, d'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire mat an déi Diskussioun anzebannen, wat dann och geschitt ass.

Déi Kommissioun huet zesumme mat der Cour des Comptes sech dann och méi intensiv mam Problem beschäftegt, ouni dass mer bis haut zu enger definitiver Léisung komm wären. Mir sollen awer schnellstens zu enger Léisung fannen, eng Léisung, déi gangbar Weeër soll beinhalten, dat heescht Léisungen, déi et erlaben am Aklang mat der Chamber d'Continuitéit vun der Exécutioun vun de Projeten ze garantéieren, well egal wéi mir eis uleeën wäerte mer Depassementer och an Zukunft nach kréien. Een dee mengt, dat dierft et net ze ginn, deen huet keng Ahnung vum Verlaf vun engem Chantier.

Déi Diskussioun, wéi mer elo definitiv dee Problem solle léisen, wëlle mer, wann et mir nogeet, haut awer net am Detail féieren. Vu dass ech awer keen Afloss op den Débat hunn, waarde mer emol of, wéi d'Diskussioun wäert verlafen.

Haut geet et drëm e Projet ze diskutéieren an ze stëmmen, deen am Aklang mat eiser bestehender Gesetzgebung an dem Artikel 99 vun der Verfassung ass an domat och dem Contrôle vun der Chamber ënnerläit. D'Depassementer leien iwwert der Limite vun 300 Milliounen. Dat bedeit ganz klor de Vote vun engem Spezialgesetz.

Gebündelt an engem Projet solle mer also d'Kreditdepassementer vu véier Bauprojete guttheeschen, an zwar de Campus Geesseknäppchen, den nationale Sport- a Kulturzenter um Kierchbierg, de Musée d'Art moderne Grand-Duc Jean an de Centre pénitentiaire vu Schraasseg. Et si Projeten, déi déi viregt Regierung ausgeschafft huet an d'Chamber huet se während de Joren 1996 an 1997 gestëmmt.

Ech wëll haut hei kee Minister responsabiliséiere fir deen Ëmstand, an ech hu schonn drop higewisen, wéi de Werdegank vun engem Bauprojet ass. Wéi laangwiereg deen ass, ka jiddereen noliesen an der Etüd, déi d'Regierung bei Arthur Andersen an Optrag ginn hat an déi d'Membere vun der Kommissioun zougestallt kritt hunn.

D'Etüd definéiert fënnef prozedural Etappen. Als Chamber kréie mer de Projet an der Phas 2, d'Phas vum Avant-projet sommaire virgeluegt. Dofir gëtt et och Ursaachen, an zwar well d'Regierung de Gesetzgeber esou séier wéi méiglech an d'Prozedur abanne wëllt a well d'Regierung d'Käschte vun den Etudes préalables a räsonnable Moossen hale wëllt.

Den Nodeel vun der Démarche fir d'Chamber esou fréi wéi méiglech anzebannen ass, dass et zu enger Diskrepanz ka kommen tëschent dem Betrag, deen an der Loi d'autorisation steet, an dem definitive Käschtepunkt.

Jore leien heiansdo tëschent der Definitioun vum Programm an der Exekutioun vun den Aarbechten. Dertëschent ka munches passéieren. Duerch eng Sous-estimatioun, bedéngt duerch d'Onkenntnis vum Schwieregkeetsgrad vun den Aarbechten oder duerch eng ongewollt falsch Aschätzung dès le départ, wat virkomme kann, duerch eng Iwwerhëtzung vun de Baupräisser, bedéngt duerch eng Héichkonjunktur um Bau, duerch d'Evolutioun vun den Techniken, duerch d'Evolutioun vun neien Erkenntnisser am Zesummenhank mat den Oploe bei der Kommodosprozedur am Beräich vu Sécherheet an Ëmwelt, oder duerch Changementer vun de Programmer, bedéngt duerch politesch, wirtschaftlech oder sozial Evenementer. Derbäi kann een och nach zielen, dass zum Beispill den Architekt oder den Ingénieur iwwert dem Bau mierkt, dass hien e Problem falsch ugaangen ass an dass hien d'Geleeënheet kréie muss, sech selwer ze corrigéieren, besonnesch wann dat am Interesse vum Projet ass. Dat alles kann also zu Präissteigerunge féieren, déi net virauszegesi waren.

Den Objet vun haut ass, fir d'Regierung ze autoriséieren, fir d'Dépensë vun deene véier Bauprojeten ze adaptéieren, dat heescht ze erhéijen. Ech wëll kuerz agoen op d'Montanten an op d'Aart a Weis vum Finanzement.

Fir de Centre pénitentiaire vu Schraasseg si 473 Milliounen zousätzlech virgesinn. Den Initialprojet war 2,8 Milliarden, also eng zousätzlech Dépense vu 16,89 %. Dëse Montant gëtt iwwert de Fonds d'investissement public administratif finanzéiert.

Fir de Campus Geesseknäppche solle 653 Milliounen zousätzlech bereet gestallt ginn. Den initiale Projet huet sech op 4,8 Milliarde belaf, also en Depassement vun 13,6 %.

Fir de Musée d'Art moderne Grand-Duc Jean 478 Milliounen, initiale Projet 2,78 Milliarden: en Dépassement vu 17,2 %.

Fir den nationale Sport- a Kulturzentrum Kierchbierg zousätzlech 578 Milliounen, initiale Projet 2,5 Milliarden: Dépassement 23,12 %.

Dës dräi Bauprojete ginn iwwert d'Prozedur finanzéiert, déi vum Garantiegesetz virgesinn ass. Zesumme mécht dat e Betrag vun 2,182 Milliarden aus.

Firwat fir eng Aarbechte ginn dës Suen elo gebraucht?

Um Niveau vum Campus Geesseknäppche sinn 163 zousätzlech ënnerierdesch Parkplaze gebaut ginn. Am initiale Projet waren der 257 virgesinn. Dës Erweiterung dréit de Besoine vun de Professere Rechnung, awer och de Befierchtunge vun den Urainer, wat de Parkplazmangel ugeet. Owes gëtt de Parking benotzt vun de Leit, déi an d'Owescoure kommen.

Weiderhin ass et beim Lycée Aline Mayrisch zu engem Programmwiessel komm. Aus engem Lycée classique traditionnel ass e Lycée mixte ginn, dat heescht, wou den ënneschten Zyklus souwuel vum Secondaire classique wéi vum Secondaire technique an dem Enseignement préparatoire sech dran erëmfannen, fir esou de Passage vun deem engen an deen anere Schoulsystem ze vereinfachen. Dat huet baulech Ëmännerunge mat sech bruecht, ënner anerem hu véier zousätzlech Atelierë misse gebaut ginn. Derbäi sinn och eng Bibliothéik an Archive komm. D'Käschte fir d'Innenariichtung an d'Aménagementsfraie vun den Alentoure waren ënnerschat ginn. Derbäi kënnt och nach e Foussgängerwee zum groussen Opfangparking vun der Stad Lëtzebuerg, deen do am Agank vun der Stad gebaut gëtt, respektiv soll dee Foussgängerwee och - loosse mer et hoffen -, dem Zougank zum spéidere BTB déngen.

Wat de Centre pénitentiaire vu Schraasseg ubelaangt, ginn d'Sécherheetsmesure verstäerkt. De Kameraiwwerwaachungssystem gëtt moderniséiert an ausgebaut. Ënner anerem ginn d'Ëmfaassungsmauere béidsäiteg iwwerwaacht. D'Fënstere gi mat Gitteren aus Spezialstol versinn. Dat alles entsprécht wuel net méi dem Gedanke vun engem liberale Strofvollzuch, mécht de Prisong awer méi sécher, oder ass vläicht een heibannen, dee géint déi Mesure wier? Doduerch dass d'Gittere virun d'Fënstere kommen, ginn d'Fënsteren esou ëmgeännert, dass se sech erëm op maache kënnen, wat zu enger besserer Duerchlëftung vun den Zelle wäert bäidroen.

Weiderhin ass d'Konzept vum Sas d'entrée iwwerschafft ginn, fir d'Fournisseuren an d'Visiteure besser ze kontrolléieren.

Fir eng Resozialiséierung vun de Gefaangenen ze garantéieren, ass schonn am initiale Projet gekuckt ginn, wéi mer kënne fir méiglechst vill Leit eng Aarbecht schafen. Niewent Ateliere sollt och eng Wäscherei fir 10 Tonne Wäsch pro Dag gebaut ginn. No dem Vote vum deemolege Projet ass, op Initiativ vum Ministère vun der Santé an op Demande hi vun der Spidolswäscherei vun der Regierung décidéiert ginn, d'Capacitéit vun der Wäscherei vun 10 op 25 Tonnen eropzesetzen. Dat bedéngt méi Raim a méi Maschinnen. Ze hoffe bleift, dass wann dat emol alles ageriicht ass, och de Fonctionnement vun der Wäscherei iwwert d'Prisonnier garantéiert ka ginn.

Beim Musée d'Art moderne Grand-Duc Jean hunn deels duerch zousätzlech Oploen, déi am Kader vun de Genehmegunge festgeschriwwe gi sinn, zousätzlech Aarbechte missten exécutéiert ginn, wéi d'Consolidatioun vun de Festungsmaueren a wéi en ënnerierdesche Sécherheetstunnel als Zougank fir d'Pompjeeën. Weider huet den Entréesberäich aneschters misse gestallt ginn, well d'Entrée fir d'Besucher sech net méi vun den Dräi Eechelen aus, mä quasi direkt vun der Place de l'Europe erof mécht. D'Verrièrë sinn aus Sécherheetsgrënn vu Wärmeschutzveruerdnungen thermesch nei concipéiert ginn. D'Fassadeverkleedung aus Natursteen, Pierre de Bourgogne, war devisméisseg staark ënnerschat ginn.

Et ass desweideren zu enger fonctionneller Entwécklung vum Projet komm, wat zousätzlech Bausurfacen an organisationell Ännerunge mat sech bruecht huet.

D'Kommissioun vun den Travaux publics an der Kultur ware sech niewent dem Festungsmusée an dem Circuit Vauban, fir dee mer iwwregens deemnächst hei och e Projet de loi, fir zousätzlech Aarbechte kënnen duerchzeféieren, virgeluegt wäerte kréien, de Chantier vum Musée Grand-Duc Jean ukucken.

All ware vun där Visite a besonnesch och vun der Envergure vun deem Projet begeeschtert. All goufe sech och vun där grousser Komplexitéit vun deenen Aarbechte bewosst.

Drop hiweise wëll ech, dass den Aménagement extérieur vum Musée weder am initialen Devis nach am Zousazdevis enthalen ass, wat och dès le départ gewousst war, mä datt et e separate Projet gëtt, deen de ganze Beräich vum Fort Thüngen ëmfaasse soll an dee mer nach hei virgeluegt musse kréien.

Wat den nationale Sport- a Kulturzenter um Kierchbierg ugeet, huet den ursprüngleche Projet, wat d'Daachkonstruktioun an och deels d'Fassad ubelaangt, missen ëmgeännert ginn, an dat aus technesche Grënn, déi während den definitiven Etüde vum Projet opgetaucht sinn.

Desweidere sinn d'Aménagementsfraie ronderëm de Centre ënnerschat ginn an am Entréesberäich hu missten Ëmännerunge virgeholl ginn, bedéngt engersäits duerch de Bau vun der zentraler Cogenerationsanlag, ob se nu schéin ass oder net, doriwwer léisst sech streiden - si huet awer nun eemol missten zentral um Kierchbierg gebaut ginn - an anersäits

awer och duerch den uschléissende Bau vun engem ënnerierdesche Parking vu 400 Plazen, deen och dem Centre zegutt kënnt. Dëst sinn zwou Realisatioune vum Fonds du Kirchberg.

Desweideren ass de Beräich tëschent der Piscine an dem Centre, bedéngt duerch eng kleng Programmännerung, iwwerschafft a restrukturéiert ginn. Och sinn op Wonsch vu Sportsfederatiounen a vun den zukünftege Gestionnairë vum Centre am Beräich vun den Equipementer a besonnesch am Beräich Multimedia zousätzlech Akzenter gesat ginn, fir dass den internationalen Usprëch, zwar prioritär am Sport, mä och an der Kultur ka Rechnung gedroe ginn. Ob elo fir d'Kultur verdunkelt ka ginn oder net, dat kann d'Mme Minister eis vläicht herno soen.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 13. Mäerz 2001 de Gesetzesprojet, deen eis haut virläit, approuvéiert, mat der Motivatioun, datt hien net d'Fäerdegstellung vun deene konzernéierten Infrastrukture wëllt ophalen a blockéieren. De Statsrot huet de Projet awer kritiséiert an en huet Wierder wéi zum Beispill „anomalie" an „dysfonctionnement" gebraucht an ech zitéieren: „Le Conseil d'Etat estime que de telles anomalies sont intenables et surtout contraires à une gestion en bon père de famille des deniers publics. Il exige que les responsables agissent promptement pour remédier à de tels dysfonctionnements en mettant en œuvre tous les moyens nécessaires pour instituer une procédure expéditive".

D'Bautekommissioun war der Opfaassung, dass d'Montante vun den Dépassementer héich sin. En vue awer vun den Erklärungen, déi d'Regierung um Niveau vum Exposé des motifs an an de Kommissiounssëtzunge ginn huet, op déi ech a mengem Rapport elo kuerz agaange sinn, däerf een awer net vun Dysfonctionnementer schwätzen. Dat ass iwwerdriwwen. Dat ass einfach d'Evolutioun vun engem Chantier, dee sech iwwer Joren hinzitt, verkennen.

De Statsrot ass awer a sengem Rôle, wann en op d'Anhale vun de bestehende Bestëmmunge pocht. De Statsrot mécht dofir a sengem Avis Drock, fir an Zukunft esou Situatiounen ze vermeiden. Deem schléisst d'Commission des Travaux publics sech selbstverständlech un, wuelwëssend awer, dass et wahrscheinlech och an Zukunft Depassementer wäert ginn an dass mer an der jetzeger Rechtslag nach des öftere Projete wéi dee vun haut hei wäerten diskutéieren.

Dofir muss, wéi ech schonn uganks gesot hunn, no Léisunge gesicht ginn, wéi mer d'Problematik vun den Depassementer an de Grëff kréien, dat esouwuel fir déi vun iwwer 300 Millioune wéi déi vun ënner 300 Milliounen.

Wou mer awer als Chamberskommissioun drop halen, dat ass, datt am Virfeld vun esou Depassementer wéi déi, déi mer haut hei diskutéieren, d'Chamber vill éischter mat an d'Problematik vun der Evolutioun vun engem Chantier matagebonne muss ginn. Et kann net sinn, datt säitens de Professere gemengt gëtt, dass de geplangte Parking ze kleng wier an da gëtt en ebe méi grouss gebaut a mir sollen dann einfach im Nachhinein, wann de Parking gebaut ass, dofir eisen Aval ginn. Dat ass d'Chamber net fir eescht geholl an domat kënne mer net d'accord sinn. Ech hunn dat do elo als Beispill geholl. Ech hätt och kënnen anerer opzielen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Wann dat wat mir hei stëmmen Ëmännerungen erfiert, ob déi baulecher Aart sinn oder besonnesch op Ännerunge vu Programmer zréckzeféiere sinn, da muss d'Chamber informéiert ginn an eventuell iwwer eng Motioun, déi da vun der Commission des Travaux publics am Plenum abruecht gëtt, hiren Accord préalable ginn, fir da kuerzfristeg duerno e Projet de loi ze presentéieren.

Ech muss soen, dass déi jetzeg Bauteministesch bis elo an där Fro keng Begéinungsängschten hat, datt si op eegen Initiativ, respektiv op Ufro vun der Kommissioun, eis souwuel iwwer Bauteprojeten, wéi iwwer Projeten am Beräich vum Stroossebau Ried an Äntwert stong. Op si trëfft also bei dësem Projet keng perséinlech Scholdweisung zou.

Ech hoffen, dass mer an Zukunft an deem offene Geescht weider all Projet an all Problem uginn.

No deene vill Commentairen, zu deenen dëse Projet am Virfeld souwuel a Kreesser vum Parlament wéi ausserhalb vum Parlament Ulass ginn huet, hoffen ech, dass dee Projet vun haut, deen Zousazkreditter fir véier grouss Bauprojeten, deenen hir Bedeitung vu kengem a Fro gestallt ginn, beinhalt, hei am Plenum eng grouss Zoustëmmung fënnt.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Als nächsten Orateur ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech denken, dass mer haut am Kader vun der Debatt iwwert dëse Projet eng aner Debatt weiderféieren, déi mer schonn zënter Wochen a Méint a verschiddene Kommissiounen amgaang sinn ze féieren. Dat ass d'Debatt iwwert d'Prozeduren, déi mer sollten, kënnten oder missten anhalen, eis operleeën am Fall wou et zu Depassementer vu Kreditter kënnt, déi d'Chamber gestëmmt huet am Kader vu Bauprojeten.

Ech wëll, wat dëse Projet ubelaangt, dem honorablen Här Strotz merci soe fir säin ausféierleche Rapport,

sougutt dee mëndleche wéi dee schréftlechen. Et ass evident, dass dëse Projet, esou wéi hien et och schonn ugedeit huet, wahrscheinlech an dësem Parlament grouss Zoustëmmung fanne wäert. Op jidde Fall, eis Fraktioun huet keng Schwieregkeeten domat, fir Dépensen an Héicht vu méi wéi zwou Milliarden ze votéieren. Et geet hei ëm supplementar Infrastrukturen, et geet ëm d'Modifikatioun vu Programmer, et geet ëm technesch Adaptatiounen, déi musse virgeholl ginn. Ech sinn iwwerzeegt, wann alleguer déi Iddien, déi Programmer, déi Techniken, déi elo proposéiert ginn, dee Moment um Dësch geleeën hätte wéi de Projet selwer gestëmmt ginn ass, da wieren déi ouni Problemer sougutt vun den zoustännege Kommissioune wéi och hei vum Parlament gedroë ginn.

Wann ech eleng de Projet kucke wat de Centre pénitentiaire vu Schraasseg ubelaangt, déi Mesures de sécurité vun 200 Milliounen, déi proposéiert ginn, ech denken net, dass seriöserweis een déi heibanne kënnt kontestéieren, grad wéi Programmer, déi ëmgeännert gi sinn, wou mer e groussen Accord hunn.

Dat Eenzegt woumat ech e wéineg Schwieregkeeten hunn, dat sinn déi Posten, déi dréinen ëm den Aménagement vun den Alentoure vu Gebailechkeeten. Ech muss soen, wann et e groussen a schwéiere Bau ugeet, dann ass et evident, dass och ronderëm eppes muss geschéien a geschafft ginn. Dofir ass et u sech schonn erstaunlech, dass mer zwee Projeten hunn, wou ganz grouss Zousazkreditter musse votéiert gi wat d'Alentouren ubelaangt. Ech weess net, wéi virun enger Rei vu Jore geplangt ginn ass.

(Interruption)

Ech ka mech nach vaguement erënneren. Ech mengen, den Här Krecké war Rapporteur vun engem vun deene grousse Projeten hei.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Waart Dir net an der Koalitioun?

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Dach ech war an der Koalitioun. Här President, well den Här Fayot dat scho freet, wéisou huet den Här Goebbels dem Parlament e Projet proposéiert, wou d'Alentouren net mat dra waren?

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Well Dir domat d'accord waart. Ech mengen, Dir hutt dofir gestëmmt, souwäit ech weess!

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).-* Dir sidd Witzbolden! Dir sidd ni an enger Koalitioun dobäi! Mir waren dobäi a mir sinn och dofir gestrooft ginn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Är Strof steet nach aus!

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Här President, dierf ech dem Här Weiler eng Fro stellen?

M. le Président.- Well Der anstänneg gefrot hutt, däerft Der.

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Här President, Dir sidd net verwinnt!

Ech wollt den Här Weiler just froen, ob en net weess, dass an deene Projeten do de Bauteminister Exécutant ass vun de Wënsch vu Ressortministeren?

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Selbstverständlech, mä ech denke mer, wann e Bauteminister higeet an e plangt e grousse Projet, léisst deen ausschaffe vu senge Servicer, kritt Wënsch ugedroe vun enger Rei vu Ressortministere wat se alles gären hätten, vun der Mme Brasseur als Sportsminister an aner Ministeren,. . .

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Dat war deemools nach net de Fall.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* . . .esou ass de Bauteminister awer de Coordinateur vun deem Ganzen, a fir dass déi eenzel Ressortminister dat, wat se geplangt hunn, och kënnen ausféieren, mussen Zoufaartsweeër sinn a mussen Anlage ronderëm sinn, fir iwwerhaapt dohinner ze kommen. Dofir denken ech, géif et jo awer zu engem Projet gehéieren, fir och d'Alentoure virzegesinn.

Ech denken emol, datt den Här Krecké, wéi et ëm dee Projet vum Kierchbierg gong, vun dëser Tribün aus als Rapporteur eng Rei Remarken an déi Richtung gemaach hat, well et dem Parlament, och wann et dem Minister vläicht net opgefall war, opgefall war, jiddefalls dem Här Krecké als consciencieuse Rapporteur, deen deemools Froen hei gestallt hat wat d'Alentouren ubelaangt.

M. le Président.- D'Mme Minister huet d'Wuert.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.-* Merci, Här President, ech géing gär eng Klorstellung an d'Debatt abréngen. Et ass effektiv eng Prinzipiëfro, ob ee bei engem Bauprojet vu vireran Alentoure mat virgesäit oder net.

Ech muss awer soen, fir de prezise Fall vum Musée d'Art moderne: Wat wier geschitt, wa mer deemools Alentoure mat virgesinn hätten a mir hätten zum Beispill dat wat fréier als Krawatt, als schéi Wiss do louch, als Alentoure mat virgesinn? Da géife mer haut feststellen: Dat ass falsch, well do läit eng ganz Festung drënner.

Ech mengen, an deem Sënn wier et schonn eng Prinzipiendiskussioun wäert, wat mer mat den Alentoure maachen, ob mer se grondsätzlech an den initiale Projet mat eranhuelen oder net.

(Interruption)

De Projet de loi solle mer maache wann de Bau fäerdeg ass, well dann huet een eng aner Situatioun

an da kann ee vill besser d'Alentouren an hirem Ensembel gesinn an och chiffréieren.

(Interruptions diverses)

M. Lucien Weiler *(CSV).*- Mir hunn déi Fro jo an der Vergaangenheet och schonn anescht diskutéiert.

Den Här Krecké huet eng Fro gestallt an d'Mme Minister huet eng einfach Äntwert ginn, wou ech fannen, datt se elo schonn op enger Rei vu Bänken den Accord fënnt.

Här President, et bleift dann awer, dass um Fong Problemer iwwreg bleiwen, wat de Surcoût vun deenen eenzelne Projeten ubelaangt. Dëse Projet huet op jidde Fall och ee Mérite, well den Exposé des motifs dovun däitlech hiweist op d'Schwieregkeeten an och op den Dilemma, deen oft besteet, wann esou Projeten ausgeschafft ginn: Déi ganz schwéierfälleg Prozeduren, déi mer hunn, dee fréizäitege Stadium, an deem d'Chamber agebonne gëtt, fir e Projet ze stëmmen zu engem Moment, wou een net weess, wou et definitiv histeiert, an deementspriechend ass déi Diskussioun, déi mer amgaang sinn ze féieren. Mir hunn déi jo déi leschte Kéier an där Kommissioun, déi den honorablen Här Krecké presidéiert, ugefaangen. Ech denken, dass mer se deemnächst weiderféieren, fir zu Iddien ze kommen.

D'Mme Hennicot hat eng Rei vun Iddien, wéi ee sollt virgoen iwwert de Wee vum Prinzip, wéi en an Däitschland besteet. Fir d'éischt eng Genehmegung zur Planung a wann d'Planung dann an engem gewëssene Stadium ukomm ass, fir dann e Projet, dee selbstverständlech dee Moment méi prezis ka sinn, auszeschaffen.

D'Iddi vun zwee Voten ass diskutéiert ginn. Mir hu keng definitiv Attitüd do arrêtéiert. Ech denken, dat ass jo och eppes wat eis politesch net definitiv ëmdreift, mä mir sollen awer kucken hei eis Proposen zesummenzeleeën, fir eng Prozedur erauszefannen, déi eis als Parlament méi no un de reelle Käschtepunkt erubréngt, wa mer hei eis Décisiounen huelen, déi eben esou e Bau mat sech bréngt.

Mä en attendant, Här President, dass mer eng Léisung iwwer esou eng nei Prozedur fannen, bleift et awer, dass mer ëmmer erëm konfrontéiert gi mat Projete wéi deem, dee mer haut diskutéieren, wou et Surcoûte ginnn, wou et Depassementer gëtt an da musse mer eis eng Prozedur ginn.

Ech muss lech soen, et gëtt Zäit, dass mer als Parlament eng Décisioun huelen iwwert déi Prozedur.

Mir sinn an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire zanter Méint amgaang heiriwwer ze diskutéieren a mir hu schonn eng Rei Décisiounen do geholl, déi mer erëm ëmgeworf hunn, a mir hunn nach ëmmer keng Prozedur virleien, wéi mer dann elo sollen definitiv heimat ëmgoen.

Ech muss soen no där leschter Sitzung, déi mir an der Budgetskontrollkommissioun haten, wou déi zoustänneg Ministesch eis e Relevé virgeluegt huet mat deene Projeten, déi actuellement en décompte sinn a mat deene Projeten, déi en construction sinn, a wann ee sech dovun d'Chiffren ukuckt, da gesäit een, wéiwäit mer u sech en fin de compte bei eisen Diskussiounen an der zoustänneger Kommissioun ewech ware vun der Realitéit.

Mir hunn an der Theorie diskutéiert. Mir haten och e wonnerschéine Pabeier vum zoustännege Ministère deemools virleien, wou d'Causes internes an d'Causes externes vun den Depassementer analyséiert gi sinn, Solutioune proposéiert ginn. Mir hunn eis de Kapp zerbrach, mä wann ech elo de Relevé kucken, deen d'Mme Bauteministesch eis virgeluegt huet an ech gesinn, wat en fin de compte do fir Enjeue sinn, well dat Ganzt gouf jo awer ëmmer dohinner gestallt, wéi wann dat eng terribel Affär wier, wou Milliarde Gelder ronderëm gedréint géife ginn, ouni dass d'Parlament richteg involvéiert wär, a wann ech elo dee Projet vun haut mat deene véier Bauprojeten op der Säit loossen, well déi sinn an deem Tableau net méi derbäi, da si mir bei engem Volume vun Investitioune vu ronn 40 Milliarde op engem eenzege Prozent, wou mer Depassementer hunn.

A wann ech mer déi eenzel Projeten emol ukucken an och emol kucken, wou déi Depassementer hierkommen a wat d'Ursaachen dervu sinn, da stellen ech just fest, dass bei dem Centre de formation professionnelle zu Esch am Zesummenhank mam Lycée technique et sech ëm Depassementer ëm déi 100 Milliounen handelt, dass bei dem Lycée technique des Arts et Métiers et och 100 Millioune sinn, bei der Fondation ADEMH 78 Milliounen a beim Lycée zu Dikrech 190 Milliounen.

Mir kruten an der zoustänneger Kommissioun Explikatiounen, wou déi do Differenzen hierkommen. Och si keng Objektioune géint dat, wat hei un Depassementer proposéiert gëtt, virbruecht ginn. Ech huelen nëmmen ee Beispill eraus, well ech dat nach am beschte verhalen hunn, wat d'Detailer ubelaangt, dat ass de Lycée vun Dikrech, wou de grousse Festsall elo ëmgeännert gëtt, wou après-coup - dat war am Ufank net décidéiert, awer wéi se ugefaangen hu mat schaffen, ass de Plaffong zesummegefall ass -, dann awer muss réagéiert ginn. Dat kascht 190 Milliounen.

Ech denken, dass d'Mme Bauteministesch kee Problem huet, fir an deenen nächste Woche fir de Lycée vun Dikrech, och nach fir de Lycée technique des Arts et Métiers, a wann et muss sinn fir de Centre de formation professionnelle, wou et all Kéiers schlussendlech awer ëm 100 Millioune geet, e Projet

virzeleeën, an da stëmme mer deen oder och net, an dann hu mer dat do gekläert.

A wat bleift dann nach iwwreg? Da bleiwen nach e puer Projeten iwwreg, wou et eng Kéier ëm 1 Millioun geet, eng Kéier ëm 15 Milliounen, eng Kéier ëm 7 Milliounen, also wann een den Enjeu vun den Investissementer kuckt, wou et ëm 40 Milliarde geet, et schlussendlech dach nëmmen nach ëm Peanuts geet, an da gi mer eis ëm Gottes Wëllen dach eens, entweder gi mer d'Approbation parlementaire législative vun deenen do klenge Projeten am Budget oder an engem gesammelte Gesetz.

Eis Fraktioun huet an der Zwëschenzäit, nodeems dass mer deen heite Relevé gesinn hunn, nun awer wierklech keng Problemer méi, ob mer op deen ee Wee ginn oder op deen anere Wee ginn. Wann hei drop gehale gëtt, dass dat net däerf iwwert d'Budgetsgesetz goen, mäi Gott, et bedéngt ee Projet, deen net méi wéi eng Säit brauch, fir hei fënnef oder sechs vun deenen eenzelne klenge Projeten ze adaptéieren, mä da maache mer dat, wann et de Wonsch ass. Ech wëll jiddefalls net méi, dass hei ënnert dem Virwand, hei géing eng Majoritéit oder eng Ministesch versichen dëst an dat, an dat wär net richteg an dat wär kromm, an et wär hei an et wär do, grouss Diskussioune gefouert ginn. Also bei deem do Enjeu sollte mer net méi laang streiden a sollten einfach de Wee vun der Approbation parlementaire goen, a bei méi zolidde Saachen, wou et ëm 100, 150 oder 200 Millioune geet, selbstverständlech ee Gesetz hei am Parlament abréngen.

Ech diskutéieren net méi, Här Krecké, iwwert déi Montanten, déi mer an der Kommissioun ...

(Interruption)

Mir kënnen eis an der Kommissioun doriwwer eens maachen, ech wëll mech elo hei net festleeën op 5, op 10 oder 20 Milliounen; mir sinn hei mat allem d'accord. Mir kënne fir alles e Projet maachen, et ass iwwerhaapt kee Problem, et bedéngt Aarbecht am Ministère vir eng Stonn, fir dat ze rédigéieren an ze argumentéieren, firwat dass et hei ëm 5 Milliounen an do ëm 10 Milliounen derniewent gaangen ass, an da gi mer d'Approbation parlementaire.

Mir ass dat en fin de compte egal, ob dat iwwert de Wee vum Budget geet oder ob met dat iwwert de Wee vun engem Sammelgesetz hei maachen. Ech félicitéieren de Bauteministère mat senge Verwaltungen. Bei 40 Milliarden Investitiounen a bei Depassementer an där Gréissenuerdnung hei, déi en fin de compte bedingt gi sinn duerch Changements de programme, déi gewollt waren, déi noutwendeg waren, ëm Adaptations techniques, déi absolut eng Nécessitéit waren, wou ee gesot hätt, wann Der dat net maacht, dat ass net seriö, do gesinn ech ënnert dem Strëch hei nu wierklech dee grousse Problem net méi an deementspriechend sollte mer hei mat där steriler Diskussioun, déi mer elo zanter Wochen a Méint heiriwwer féieren, ophéieren.

Ech denken och net, dass d'Bauteministesch hei gréisser Problemer hätt, fir déi dräi grouss Projeten, déi ech opgezielt hunn, wou souwéisou e Gesetz noutwendeg ass, ob et ee Gesetz ass oder zwee, déi separat niewentenee leien, eng Debatt ze féieren. Mir ass dat en fin de compte och egal. Da bei deene ganz klenge Geschichten, wann do een hei am Parlament ass, deen drop hält, dass mer dat och nach iwwert de Wee vun engem spezielle Gesetz maachen oder net am Kader vum Budget, da maache mer et. Wéi gesot, ech denken net, dass et de Ministère méi wéi zwou Stonnen Aarbecht kascht, fir dat do ze maachen.

Wat eis Verfassung ubelaangt, den Artikel 99, do féiere mir jo och esou grouss Diskussiounen. Ech hunn nach eng Kéier den Avis nogelies, deen d'Cour des Comptes eis heizou gemaach huet, wou si däitlech seet: Selbstverständlech eng Loi spéciale bei iwwer 7,5 Milliounen Euro, a wann et ëm Projete geet, déi géifen ëm déiselwecht Zomm dépasséiert ginn, wéi de Seuil, dee fixéiert ass, selbstverständlech och eng Loi spéciale. Fir all anerer, wa se ënnert dem Seuil vu 7,5 Milliounen Euro leien, seet d'Cour: „Il faut se référer aux objectifs poursuivis". Et ass jo dat, wat och ëmmer all Geriicht kucke geet.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Liest den Avis vum Conseil d'Etat zu deem Projet emol.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Iwwert d'Dysfonctionnementer, deen hunn ech selbstverständlech gelies.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Entsprécht dat deem, wat mir ëmmer an der Kommissioun gesot hunn a wat ech och d'leschte Kéier hei gesot hunn, jo oder neen? Am Conseil d'Etat sëtze jo awer genuch Juristen, déi och Texter kënne liesen.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Ech wëll lech just soen, wéi d'Attitüd vun eiser Fraktioun zu där Problematik ass.

Mir denken, dass den Artikel 99 klor ass. E seet: Wann et en importente Bau ass, deen eng gewëssen Envergure huet, e gewësse Käschtepunkt, dee muss duerch eng Loi spéciale votéiert ginn. Dat ass evident, klor an däitlech. Mä, wann et dann zu Modifikatioune kënnt, seet d'Cour: Wann et Modifikatioune sinn, déi de nature mineure sinn, wou et net ëm considérabel a substantiell Modifikatioune geet, da geet en normaalt Gesetz duer, da kënnt der dat an engem Sammelgesetz oder am Budgetsgesetz oder, esou wéi mer et d'lescht Woch bei Mamer gemaach hunn, am Unhank vun engem anere Gesetz maachen.

Här President, mir als Fraktioun wëllen net méi op dee Wee goen, fir Sträit an där do Fro ze sichen, well et hei net méi ëm dat geet, als dat et ëmmer

dohinner gestallt ginn ass. Mir geet de Relevé vum Ministère duer.

(Interruptions diverses)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Dat elei ass absolut conforme zu eiser Propositioun.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Här President, mir hunn absolut keng Schwieregkeet an ech géif de President vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire bieden, dat an enger vun den nächste Sitzungen op den Ordre du jour ze setzen. Ech denken net, dass d'Majoritéit hei an iergendengem Punkt nach Schwieregkeete kritt mat der Oppositioun. Mir sollen a Rou, mat lwwerleeung an ouni Hektik dat do décidéieren. Mir ginn hei op all Wee mat, well mer effektiv ënnert dem Stréch net méi gesinn, wou da kënnt deen décisive Punkt sinn, wou mer géifen ausenanerdriften, an dann hu mer endlech dee Problem do gekläert an de Ministère ass och frou, dass en e Wee an eng Piste huet op déi e ka goen a wou net ëmmer erëm Reprochë kënne gemaach ginn.

Ech wëll der Mme Bauteministesch soen, wat zum Beispill dee Projet vun Dikrech ubelaangt, de Lycée, wou mer elo wëssen, dass dat 190 Millioune gëtt, a wou mer wëssen, dass dat eréischt wahrscheinlech, esou wéi ech dee Projet do kennen, a sechs Méint oder engem Joer gebaut wäert ginn: Do empêchéiert näischt, dass de Ministère e Projet deposéiert, deen net méi brauch ze si wéi eng Säit. Et sinn dräi Zeilen, fir den Artikel ze adaptéieren an et ass eng Säit Motivatioun a Justifikatioun, an dann hu mer dach all Diskussioun ee fir allemol aus dem Wee. Deementspriechend mengen ech, Här President, dass dës Debatt kënnt Ulass derzou ginn, fir eng Léisung ze fannen, déi Satisfactioun op alle Bänke kënnt ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deene scho bal versöhnleche Wierder vum Kolleeg Weiler fält mer munches méi einfach.

En huet gesot, dass mer a ville Kommissiounssëtzungen heiriwwer geschwat hunn, an dofir fält mäi Merci un de Rapporteur net grad esou chaleureux aus, well ech fannen, dass et net ganz fair ass vum Rapporteur ze maachen, wéi wann d'Geschicht vun dem Projet ugaange wär beim Dépôt a wéi hien als Rapporteur genannt ginn ass. Wann e fair gewiescht wär, an e war souguer derbei, dann hätt de Rapporteur a sengem Rapport och alles dat ernimmt, wat an anere Kommissiounen diskutéiert ginn ass, déi eben net ënnert senger Presidentschaft sinn. Et ass jo elo hoffentlech net, well ee vun der Oppositioun d'Presidentschaft vun enger Kommissioun huet, dass en dat elo „passé sous silence" huet.

M. Nicolas Strotz *(CSV), rapporteur.-* Ech hunn dat dach gesot.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Mä wou steet et dann an Ärem Rapport?

M. Nicolas Strotz *(CSV), rapporteur.-* Dir hutt net nogelauschtert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Bei der Geschicht Mamer hunn ech dat zum Här Meisch och scho gesot, deen eng ähnlech Démarche hat. Dir hutt elo eng ähnlech Démarche. Ech weess net, ob dat lech zefridde stellt. Ech fannen, wann e Parlament . . .

M. Nicolas Strotz *(CSV), rapporteur.-* Mir leie komplett an der legislativer Linn. Dee Projet vun haut huet näischt mat den Dysfonctionnementer ze di vun deenen Dir schwätzt. Mir leien hei komplett an der Linn vun eiser bestehender Gesetzgebung.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Här President, ech erlabe mer eng total aner Meenung ze hunn, wat d'parlamentaresch Aarbecht ubelaangt. Den initialen Diskussiounspunkt war an enger Kommissioun, wou Dir, Här Strotz, derbei waart, wou Dir leider net de President waart, awer einfach éierlechkeetshalber schreift een an de Rapport, wéi d'Démarche vun deem Ganzen an dësem Haus war. Dat verlaangen ech einfach, well soss musse mir all Kéiers elo, an dat ass topesch, e Rapport pour avis derzou maachen. Ech mengen, dat wier Quatsch. Ech hunn dat scho beim Gesetz iwwer Mamer gesot, ech soen et elo nach eng Kéier hei an hoffen, dass den Incident domat clos ass, an de President vun der Kommissioun vun den Travaux publics an Zukunft, och vis-à-vis vun de Kolleegen heibannen, et sinn der och aus sengem Veräin do dran an och aus anere Fraktiounen, einfach fairnesshalber säi Rapport esou gestalt, dass een all d'Debatten erëmfënnt, déi hei an der Chamber derzou gefouert gi sinn, an dozou gehéieren och déi aus der Budgetskontrollkommissioun.

Den Här Weiler huet gesot, dass en u sech Félicitatiounen ausdréckt der Bauteministesch an hirer Administratioun opgrond vun deene Prozenter, déi mer d'leschte Kéier matgedeelt kritt hunn. Et si Chiffres absolus mä et sinn och Prozenter, an déi sech effektiv an deene Bandbreete beweegen, wéi de Rapporteur et elo gesot huet. Domat hunn ech och verstanen, dass en zum Deel dat, wat hien an och aner Leit heiansdo vläicht à l'encontre vum Här Goebbels gesot hunn, liicht revidéiert, well en opgrond vun den Zuele vläicht d'Responsabilitéit vum Bauteminister net an deem Mooss nach engagéiert gesäit, wéi en dat nach vläicht virdru gemaach huet.

Dir hutt gesot: Mir si wäit ewech vun de Realitéiten. Ech mengen, et soll een dat awer e bëssen nuan-

céieren. Passt op, hei hu mer ze di mat véier Projeten, wou keen ënnert 470 Millioune läit. Dat heescht, et si substanziell Montanten zum Deel, an déi Montante brauchen eng Démarche législative.

Zwee Wuert zu deem, wat mir bis elo do geschwat hunn. Et ass klor, dass ee muss higoen a sech frësch iwwerleeën: Wéi komme mer op e Präis, deen hei der Chamber virgeluegt gëtt a wou se d'Autorisatioun gëtt, dee méi no bei der Realitéit läit? Do solle mer eis relativ schnell eens ginn, ob mer elo zu engem duebele Vote kommen oder zu engem eenzelne Vote, dee mat méi Prezisioun behaft ass. Dat ass mir nach net klor, mä och do wäerte mer eis net wäit ausenaner dividéieren, well jiddfereen hei am Parlament huet Intérêt, dass mer eng Démarche kréien, wou mir méi e reelle Präis hunn.

Den zweete Punkt ass deen, an do wëll ech nach eng Kéier dem Kolleeg President soen, dass et och noutwendeg ass, dass an der Kommissioun vun den Travaux publics, déi déi Projeten alleguer beschafft, se awer och an Zukunft kucken, wéi all d'Elementer sinn. Mir hu jo do Bréiwer geschriwwen, souwuel un d'Bauteministesch wéi och un de President vun der Chamber, an déi sinn zirkuléiert, wou mer gesot hunn, passt wann ech glift op eng Rei Detailfroen op, wéi d'Parkingen, d'Alentouren.

Doru wou effektiv kee seng Schold heibanne kann hunn, dat ass, wann en cours de route op eemol de Programm geännert gëtt a mir net au courant gesat gi sinn, esou wéi dat zumindest an engem Projet de Fall ass. Och hu mer proposéiert, dass bei esou enger Démarche et net d'Budgetskontrollkommissioun ass, déi doriwwer ze jugéieren huet, wann e Changement de programme ass, mä dass et déi zoustänneg Kommissioun ass, déi soe soll, ob dee Programm justifiéiert ass. Dono kuckt een, wat fir eng Démarche ee mécht.

Dee Changement de programme gëtt also jugéiert vun där Kommissioun, déi Kompetenz doranner huet a wann dat an dësem Fall eng Schoul ass, da soll et eben d'Educatiounskommissioun sinn.

M. le Président.- Den Här Strotz wëllt lech eng Fro stellen.

(Assentiment)

M. Nicolas Strotz *(CSV), rapporteur.-* Ech wollt den Här Krecké just froen, firwat dass e mir déi Reprochë mécht. Ech sinn eréischt gutt zwee Joer President vun där Kommissioun. Ech war virdru wuel Member an där Kommissioun, mä als President hat ech näischt domat ze dinn, mä elo a menger Fonctioun als President wäert ech dofir suergen, datt mer dat am Detail kucken.

Ech ka mech just erënneren, dass Dir och Rapporteur waart vum Sportskomplex um Kierchbierg, wou mer just mat deenen dote Problemer befaasst sinn. Dofir muss ee virsichteg si mat Steng ze geheien.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Ech ka mech net erënneren, dass ech e Steen am Grapp hat. Ech hu just gesot: Ech fannen et net fair, dass se déi Diskussiounen net esou relatéiert, wéi se wierklech gelaf sinn. Dat ass alles. Wann dat de Stee war, deen lech getraff huet, dann deet et mer leed, Här President, ech bestinn awer dorop.

Ech hunn also kengesfalls engem Rapporteur, gewesen oder futur, gesot, en hätt seng Aarbecht net gemaach. Ech hu just gesot, mir hätten de Wonsch geäussert, dass ee méi genau kuckt. Et gesäit ee jo elo, wou all Kéier d'Manquemente waren, dass een einfach dorop besser oppasst. Dat hu mer gefrot, näischt méi. Wann dat e Stee soll gewiescht sinn, da war et e klengen.

(Interruptions diverses)

Ass dat de Problem?

(Interruption)

M. le Président.- Loosst lech net stéieren, Här Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Den Här Weiler stéiert mech dauernd haut!

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Dir sidd wierklech provokant haut de Mëtteg. Schonn an där Debatt virdrun an elo och erëm!

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Virdrun hutt Der jo keng Debatt zougelooss. Dofir hutt Der jo eng Fro stelle gelooss. Dofir konnt Der net schwätzen, Här Weiler. Et deet mer leed.

Beim zweete Punkt, deen och den Här Weiler hei ugeschwat huet, sinn ech frou, dass en eng versöhnlech Démarche ugeschloen huet a gesot huet, dass mer effektiv e Wee amgaange waren anzeschloen, dee relativ steril war. Ech begréissen, dass e kee Sträit doranner wëllt sichen, an dass e wëllt higoen an d'Kontabilitéitsgesetz dahingehend ëmänneren, dass een déi zwee, dräi Punkten, op déi mer eis dann eenegen, soll an dat Gesetz aschreiwen. Ech ginn dovun aus, dass en d'accord ass, fir et esou ze maachen, well mir kënne jo net einfach eng Décisioun an der Kommissioun huelen oder souguer hei en séance publique, déi d'Kontabilitéitsgesetz ausser Kraaft setzt. Dofir mengen ech, déi zwee, dräi Punkten, déi mer mussen ëmänneren an deem Gesetz, solle mer eben zesummen ausschaffen. D'Prinzipien dovunner sinn an der Kommissioun jo schonn duergeluegt ginn.

Wat mir net méi wëllen, dat hu mer gesot bei den Dépassementer, dass mer esou eppes gruppéiere wéi dat hei. Mir hu gesot, mir wëllen et net ophalen, mir ginn an eng nei Prozedur eran. Dofir ware mer bei

Mamer d'accord an hei och, a mir hu gesot, bei esou Montante wéi deenen do ass et derwäert, dass een ee Projet pro Dépassement mécht. Ech mengen, wann eppes eng hallef Milliard kascht, dann ass et och derwäert, dass et hei diskutéiert gëtt.

Bei deene klenge Montanten, Här Weiler, war ech nach ni der Meenung, dass een do eng extra Démarche misst maachen. Mir brauchen eis just ze eenege wat déi Montante sinn an do hunn ech kee Problem, dass déi an der Loi budgétaire als solch awer individuell als Modifikatioun opgefouert ginn.

Ech hu verstanen aus Äre Gespréicher, dass Der net méi drop halt, dass et nëmmen déi Projete sinn, déi iwwert 300 Millioune ginn, well et ass do wou mer eis dividéiert hunn. Wann Der also d'accord sidd, dass mer all Kéiers eng Loi spéciale maachen, mat Ausnahm vun deene ganz klenge Montanten, dass mer déi iwwert d'Loi budgétaire mat engem extraen Artikel, all Kéiers pro Punkt, géingen opzielen, dann hunn ech kee Problem an ech mengen, och d'Kolleegen an der Budgetskontrollkommissioun hätte keng Problemer domat.

Dat gesot, Här President, bréngen ech de Jo zu deenen Depassementer, wou een, wann ee se am Detail analyséiert, net einfach ka soen, si wieren alleguer esou ze justifiéieren. Do ass schonn eng Démarche, déi ee mierkt bei sämtleche Projeten, dass d'Alentouren an där Form net seriö respektéiert ginn, an dass mir da soen, dat do dierf an Zukunft net méi passéieren, dat ass berechtegt.

An, Mme Minister, ech ginn lech Recht bei der Geschicht vum Pei-Musée, dass Der sot: Esou e Projet bedéngt, dass d'Alentoure vläicht e Projet à part ginn. Ech kënnt mer awer virstellen, dass wann een eng Schoul baut, dass een net noutgedrongen d'Alentoure muss duerch e Projet à part féieren. Ech mengen, do kann een awer déi Enveloppe virgesinn. Do kënnt et herno net op e Bam un, dee méi oder manner kënnt.

Ech gesinn och beim Centre sportif, wou e Réaménagement vun engem ganze Komplex muss gemaach ginn, do kann een driwwer streiden, esou dass ee sech net soll eens ginn, dass d'Alentouren ëmmer sollen erausgeholl ginn, mä nëmme bei ganz grousse Projeten. Ech kënnt mer virstellen, dass et muer bei der Aérogare ähnlech wäert sinn. Do riskéieren och d'Alentouren e grousse Bestanddeel ze ginn, an dass een déi gegebenenfalls an engem extrae Projet de loi gesäit, domat hunn ech keng Problemer. Wa mer eis iwwert de Rescht eens sinn, dann dierft dat keng Schwieregkeet duerstellen.

Här President, wéi gesot bréngen ech den Aval vun eis zu deenen doten Depassementer, net ouni op déi Problemer higewisen ze hunn, déi awer inhérent an deene Projete sinn.

M. le Président.- Merci, Här Krecké.

Den nächste Riedner ass den Här John Schummer.

M. John Schummer *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Erlaabt mer un éischter Stell dem Här Strotz fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport merci ze soen.

De Projet de loi, deen eis haut virläit, gesäit vir, dass bei véier grousse Bauprojeten, déi vun der viregter Regierung ugefaange gi sinn, budgetär Adaptatioune virgeholl ginn, well en cours de route festgestallt ginn ass, dass déi Kreditter, déi fir déi verschidde Projeten, déi an dësem Haus gestëmmt gi sinn, virgesi waren, net duerginn.

Et handelt sech bei dëse Bauprojeten ëm de Campus Geesseknäppchen, de Centre pénitentiaire vu Schraasseg, de Musée d'Art moderne Grand-Duc Jean an de Centre National Sportif et Culturel.

Ech géing a menger Interventioun net méi weider op déi technesch Detailer zréckkommen, déi den Här Rapporteur zur Genüge opgefouert huet.

Ech wëll direkt am Ufank vu menger Interventioun hei festhalen, dass d'Demokratesch Partei dëse Projet stëmme wäert.

Ech wëll och keen Heel draus maachen - an Dir wësst dat alleguer -, dass d'DP, wéi deemools déi verschidde Projete gestëmmt gi sinn, kritesch bis ganz kritesch zu deene Projeten agestallt war. Sou hu mer eis zum Beispill enthale beim Vote zum Projet de loi iwwert de Centre pénitentiaire. Ech erënneren drun, dass mer deemools der Meenung waren, dass en Ausbau vum Prisong néideg wier. D'DP war och der Meenung, dass d'Iddi vun enger Buanderie fir d'Prisonnéier eng gutt Iddi wier. Problemer awer, déi zu deem Zäitpunkt nach net geléist waren, wéi zum Beispill deen, datt mir nach net woussten, ob de Gesondheetsminister mat der Entente des Hôpitaux e Kompromëss géing fanne fir dee Projet vun der Buanderie, hunn eis dozou beweegt eis ze enthalen. Dir kënnt lech alleguer un déi Diskussiounen erënneren. Mir wollte keen double emploi maachen. Wann eng Wäscherei sollt kommen, da sollt se och d'Wäsch vun alle Spideeler maachen. A well eben net genuch, ënnert anerem, Klorheet an där dote Fro bestong, hu mer ons enthalen.

De beschte Bewäis, dass mer net esou falsch louchen, ass, dass eng initial Wäscherei vun enger Kapassitéit vun 10 Tonne geplangt war a mer elo, nodeem d'Regierung sech eens ginn ass mat der Entente des Hôpitaux, eng Wäscherei vun enger Kapassitéit vu 25 Tonne bauen.

D'DP begréisst et, datt elo mat der Adaptation budgétaire och d'Sécherheetsmoossname verbessert ginn duerch en neie Système de vidéo surveillance an

duerch en neie Sas d'entrée, sou wéi duerch den neie Pavillon.

Eis Effore mussen awer weidergoen, fir en adequate Strofvollzuch ze garantéieren. Dofir si mer d'accord dëse Punkt vum Projet de loi, dee mer haut sollen diskutéieren, guttzeheeschen, well en an déi richteg Richtung geet, och wann domadder nach net all Problemer am Prisong dierften definitiv geléist sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'DP huet sech och deemools beim Vote vum Campus Geesseknäppchen enthalen. D'DP wousst och hei, dass et bluttnéideg wier Gebaier fir eis Schüler ze bauen. Mir hunn awer deemools Problemer vum Aménagement du Territoire opgeworf. Mir hunn och gemengt, et sollt een eng Dezentraliséierung ustriewen a keng Konzentratioun.

Mir waren och der Meenung, dass een am Intérêt vun deene Leit, déi an deem Quartier wunnen, eng Impaktstudie misst maachen, fir ze kucke watfir eng Auswierkungen déi Augmentatioun vun der Population scolaire um Campus Geesseknäppchen géing mat sech bréngen.

D'Zréckgräifen op d'Instrument vun der Loi de garantie fir e Gebai, vun deem mer kee Loyer ze erwaarden hunn, huet eis net glécklech geschéngt. D'Problemer vum Parking hu mer deemools schonn opgeworf, an haut stëmme mer e Projet, an deem e Parking supplémentaire virgesinn ass. Och hei wëll ech net weider op d'Detailer agoen.

Tatsaach ass, dass deemools wéi haut nei Schoulgebaier dréngend noutwendeg sinn. Dofir musse mer eis esou schnell wéi méiglech eens ginn, inwiefern mer op déi schnellste Manéier déi nei Schoulgebaier baue kënnen, déi am Plan sectoriel „lycées" virgesi sinn.

Déi laangwiereg Prozeduren, déi d'Projete vum Ausschaffe vun engem Konzept bis zur Realisatioun brauchen, ass an der heiteger Situatioun wierklech e reellen Handicap.

Mir musse kucke wivill Gebaier mer à court, à moyen et à long terme brauchen, wat jo elo mam Plan sectoriel „lycées" geschitt ass, an eis dann iwwerleeë wat mer als Chamber maache kënnen, fir dass déi Gebaier méi schnell gebaut kënne ginn, ouni dass der Chamber hir Rechter beschnidde ginn an ouni dass eis Verfassung géing violéiert ginn. An deem Kontext hu mer jo och schonn an der Kommissioun ugefaange mat der Mme Bauteminister doriwwer nozedenken, wéi eng Méiglechkeeten een do kënnt an d'A faassen. Verschidde Virriedner sinn och op dat Thema agaangen.

Op alle Fall schéngt et ons noutwendeg, dass och hei e supplementairë Kredit vun der Chamber muss accordéiert ginn, fir datt dat Gebai anstänneg an optimal fonctionnéiere kann.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Wat de Centre National Sportif et Culturel ubelaangt, esou hate mer och hei eng kritesch Approche. Niewent dem Fait, datt d'Regierung erëm eng Kéier op d'Loi de garantie zréckgegraff hat, wat mer kontestéiert hunn, hate mer keng Informatioune wat d'Frais de fonctionnement ubelaangt, mä mir waren ons awer bewosst, datt d'Sportswelt scho vill ze laang op esou eng Installatioun huet misse waarden an dofir hu mer deemools fir de Projet gestëmmt.

Och gesi mer awer, datt erëm esou wichteg Saache wéi d'Alentouren anscheinend vergiess gi sinn, genau esou wéi bei de Projete Geesseknäppchen a Pei-Musée. Dat ass inakzeptabel an an der Budgetskontrollkommissioun ass jo och schonn zur Genüge op déi Aspekter higewise ginn.

Wat de Pei-Musée ubelaaangt, hat d'DP virun allem Bedenken ugemellt wat d'Konzept an de Site ubelaangt. Mir haten deemools de Plateau du St-Esprit proposéiert, do wou elo d'Cité judiciaire gebaut gëtt.

D'Loi de garantie, wou mer frou sinn, datt déi jetzeg Regierung eng anger Attitüd zu hirem Gebrauch ageholl huet, d'Fonctionnementskäschten, wou mer och erëm net genuch Informatiounen haten, d'Konzept an de Contenu, déi zu deem Zäitpunkt nach net bestanen hunn, alles dat war Ursaach genuch fir d'DP, fir dee Projet net ze stëmmen. D'DP war awer och hei erëm mam Prinzip d'accord, dass mer esou e Musée d'Art moderne brauchen, awer eben net ënnert deene Prämissen.

D'Mme Polfer huet an hirer Interventioun deemools hei op der Chambertribün gesot: „A wann dee Musée da gebaut gëtt, an da soen ech lech dat och, mir sinn esouwuel Demokrate wéi Realisten, da wäert d'Stad net express versichen ze blockéieren. Da maache mer op alle Pläng mat, fir dass awer dat Bescht draus gëtt".

Déi Ausso vun der Mme Polfer bei der Debatt iwwert de Pei-Musée reflektéiert och d'Attitüd vun der DP-Fraktioun vun haut. Mir sinn Demokraten a Realisten.

Déi Projeten, zu deene mer kritesch agestallt waren, si vun der leschter Majoritéit demokratesch hei an der Chamber gestëmmt ginn a sinn amgaang realiséiert ze ginn. Wann d'DP also haut fir d'Adaptatioun vun deene Projete stëmmt, dann ass dat fir dat Bescht draus ze maachen, a mir sinn iwwerzeegt, dass dat och elo geschitt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mir hunn an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire an an der Commission des Travaux publics laang iwwert dës Depassementer debattéiert. Dës Diskussiounen an der Kommissioun sinn nëtzlech, well se eis drop opmierksam maache wéi schwiereg et ass,

Bauprojeten op eng schnell an op eng effizient Aart a Weis ze realiséieren. An deenen Diskussioune sinn e puer grondsätzlech Froen opgeworf ginn.

Wéi kann et sinn, dass et zu esou Depassementer kënnt?

Wéi kënne mer se évitéieren?

Wa se inévitabel sinn, wat kënne mer maachen, fir dass se schnellstméiglech vun der Chamber op eng demokratesch Aart a Weis an a Konformitéit mat eiser Verfassung kënnen analyséiert an avaliséiert ginn, fir dass et net zu engem Baustopp kënnt?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Dat heiten ass en techneschen Dossier, iwwert dee mer nach öfters ze schwätze kréien. Mir solle sachlech un deen Dossier erugoen.

De Conseil d'Etat huet a sengem Avis drop higewisen, datt mir eis sollen d'Moyene ginn „pour instituer une procédure expéditive, tout en respectant les dispositions légales et réglementaires en vigueur et les prérogatives de contrôle de la Chambre des Députés".

Ech sinn dofir frou festzestellen, datt mer, wéi gesot, déi lwwerleeungen an der zoustänneger Kommissioun ugefaangen hunn ze maachen an datt mer amgaang sinn e konstruktiven an demokrateschen Débat ze féieren, wou mer sécherlech och eng adequat Léisung wäerte fannen, fir datt esou Depassementer, wéi mer se haut diskutéieren, muer ënnert där Form, net méi méiglech sinn.

Zum Ofschloss wëll ech nach emol soen, och wa mer net frou sinn iwwert déi Depassementer an och wann eis Kriticken aus der Vergaangenheet op ville Punkten, leider, muss ech soen, bestätegt gi sinn, datt mir déi demokratesch Entscheedung vun der viregter Majoritéit hei an der Chamber respektéieren an datt mir dëse Projet de loi stëmme wäerten, fir datt mer dat Bescht aus deene betraffene Bauprojete maache kënnen. Ech wëll awer grad esou däitlech nach emol betounen, datt ech frou sinn, datt dës Regierung eng aner Attitüd huet wéi déi viregt, wat d'Benotze vun der Loi de garantie ugeet an dass dës Majoritéit gewëllt ass, esou Depassementer an Zukunft ze verhënneren an dofir mat der Chamber en Dialog zu deem Sujet féiert, dee sécherlech seng Friichten droe wäert.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Schummer.

Den nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes.

D'Wuert huet den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Interventioun wäert sech limitéieren op d'Depassementer vum Devis, wéi se hei virleien. Mäi Fraktiounskolleeg, den Här Mehlen, wäert herno méi op d'Prozeduren agoen, esou wéi den ADR se virgesäit, fir dass dat elei an Zukunft net méi passéiert.

Mme Ministerin, Äre Virgänger am Bauteministère huet lech e puer Äer hannerlooss, déi net vu Kaffi a Kuch sinn. Et muss ee festhalen, dass bei deene véier Projeten, déi mir virleien hunn, an zwee Projete bewosst den Devis niddreg gehale ginn ass mat der Intentioun, fir en herno ze héijen. Dat ass beim Campus Geesseknäppchen de Fall. Dat ass beim Musée Pei de Fall.

Et muss een och gesinn, dass verschidde Programmännerunge gemaach gi sinn an der Urgence an heiansdo och ouni lwwerleeung. Dat ass de Fall beim Prisong. Ech ginn e bëssen an d'Detailer.

Campus Geesseknäppchen: Do muss ee festhalen, dass bei den Debatten iwwert dee Campus Geesseknäppche vu ganz ville Säite gesot ginn ass, dass sech géinge Parkingsproblemer stellen. Do ass deemools vum Minister gesot ginn, dat wier kee Problem. De Projet gëtt duerchgebaatscht a mir gesinn herno, dass kuerz nodeem en duerchgebaatscht ginn ass, décidéiert ginn ass, fir de Corps professoral 600 Parkplazen ze schafen a fir de Personnel Forum 20 Parkplazen. Et gesäit een also, dass déi Debatten, déi mer an der Chamber am Virfeld gefouert hunn, de Minister eréischt no dem Vote inspiréiert hunn, fir op de Problem anzegoen. Et ass bedauerlech, dass esou virgaange gëtt. An onsen Aen ass dat e Mépris vum Parlament.

Da muss ee festhalen, dass d'Aménagements extérieurs net berücksichtegt goufen, esou wéi et sech gehéiert. Et woren 100 Millioune virgesinn. Et sinn elo 356,850 Milliounen. Et gesäit een also och do, dass bewosst den Devis niddreg gehale gouf, fir de Projet am Parlament duerchzebaatschen. Herno sinn d'Suen engagéiert an et fënnt een eraus, dass ee muss d'Alentouren änneren. Mir wäerten dat e puermol erëmfannen. Et ass eng bewossten Taktik.

Da muss een och festhalen, dass souguer 491 Millioune sougenannt Ekonomien um Projet realiséiert gi sinn. Wann Ekonomië realiséiert gi vu bal enger halwer Milliard, dat heescht awer och, dass de Projet schlecht preparéiert gi war, well richteg ass, dass een e relativ prezisen Devis kritt, a wann eng hallef Milliard Ekonomië gemaach gëtt a mer och nach en Depassement vun 912 Milliounen derbäi kréien, dat heescht eng Variatioun vum initiale Projet vun 1,5 Milliard am Ganzen, dat mécht 1/3 vum Budget initial aus, dann ass dat eng total Emwälzung vum Projet, wéi en der Chamber virgeluegt ginn ass. Dat ass dat, wat ze bedaueren ass. Dee Projet hei wor net duerchduecht, e wor net an allen Detailer preparéiert ginn an d'Resultat ass dat, wat mer elo hei virleien hunn.

Am Prisong zu Schraasseg sinn op eng Kéier fir 200 Millioune Mesures de sécurité agebaut ginn, an dat nodeem den Här Fischbach e bësse vill a Bedrängnis komm wor, well e puer Prisonnéier aus dem Prisong fortgelaf waren. Dunn ass décidéiert ginn, fir 200 Milliounen ze investéieren, notamment fir Grillagë virun d'Fënsteren ze maachen, fir dass et no bausse besser géing ausgesinn, dass d'Prisonnéier wierklech agespaart wieren.

Dobäi muss een awer festhalen, dass dat absolut onnëtz wor, fir esou e Gadget do unzebréngen, well woufir sinn deemools Ausbréch geschitt? Dat ass, well bei der Halschent vun de Fënsteren d'Schrauwen no banne waren, dat heescht zu der Zell hi montéiert gi waren. Déi aner Halschent wor richteg montéiert ginn, dat heescht baussen. Et ass also wéinst engem initiale Baufeeler, wou op eng Kéier Ausbréch konnte realiséiert ginn. Et muss ee bedaueren, dass anstatt einfach hinzegoen an d'Fënstere richteg ze montéieren, een ufänkt se richteg ze montéieren awer nach eng zousätzlech Sécherung ubréngt, déi awer wierklech fir dee Fall onnëtz ass.

Da muss ech mech wonneren, dass wann een Expäre freet, fir e Sécherheetssas ze bauen, dass da vergiess gëtt, dass ee wëllt eng Wäscherei bauen, an dass verschidde Leit do net kënnen derduerch goen. Ech verstinn net, wéi esou Saache kënne passéieren. Et ass elementar, dass een déi Sécherheetsmoossnamen hëlt, et kann net sinn, dass e groussen Deel vun engem Prisong ouni Sécherheetsvirkéierunge geplangt gëtt. Dat si grob Noléissegkeeten.

Da muss ee bedaueren, an dat ass eppes mat deem mer net d'accord sinn, dass déi Wäscherei iwwerhaapt op déi Plaz kënnt, an dass se och elo nach soll ausgebaut ginn, obwuel et sech schonn esou ugesäit, wéi wa mer déi Wäscherei iwwerhaapt net kënne bedreiwen, well mer net genuch Prisonnéier hunn, déi an där Wäscherei wëlle schaffen. Dat ass mir op Basis vun enger Question parlementaire, déi ech dem Justizminister gestallt hat, esou geäntwert ginn. Et muss een nämlech wëssen, dass fir esou eng Wäscherei ze féieren, muss op dräi Schichte geschafft ginn, 24 Stonnen op 24 also, dass 380 Mann Personal gebraucht ginn an ablécklech déi Prisonnéier, déi gewëllt sinn do ze schaffen, net emol zu engem Drëttel duer ginn, fir déi Buanderie ze féieren.

Elo kann een hoffen, an dat wor d'Expressioun vum Här Justizminister op meng parlamentaresch Fro, dass e géing mengen, dass e kéint mat deenen neien Insassen - déi hoffentlech bäikommen -, awer kéint déi Spidolswäscherei bedreiwen. Mir mengen awer, dass dat schwéierlech machbar ass. Mir hunn ons Zweifel a mengen, dass dat hei vu vireran e falschen Invest ass.

Beim Musée d'Art moderne Grand-Duc Jean, dem Musée Pei, do muss ee soen, dass an der éischt d'Regierung, opgrond vun de Protester dobaussen an der Bevölkerung, higaangen ass a si huet de Projet reduzéiert. Den Devis ass reduzéiert ginn. Elo gëtt en nees gehéicht, an zwar gëtt e gehéicht op Basis vun engem Rapport vun engem franséischen Expert, dee seet, e misst méi grouss gemaach ginn. Dee Rapport huet awer scho virdru bestanen. Et kann dach net sinn, dass ee Programmer ausschafft ouni Expertise. Et ass dat, wat ee muss bedaueren, dass en Depassement décidéiert gëtt op Basis vun engem Rapport d'expertise an ouni d'Chamber ze froen.

Da muss ee sech e puer technesch Froe stellen. Zum Beispill gëtt bedauert, dass „La grande verrière a dû être modifiée dans son concept technique en raison des impositions réglementaires", déi berühmte Wärmeschutzverordnung. Och do muss ech mengem Erstaunen Ausdrock ginn, well dee Projet de loi ass 1997 a Kraaft getratt an d'Wärmeschutzverordnung, déi besteet schonn zënter 1995. Also hei och eng ganz grave Négligence, dass eng vun den elementaren Donnéeën an esou engem Projet, wou ganz vill Glas dra virgesinn ass, net berücksichtegt ginn ass.

Da muss ee sech d'Fro stellen, firwat mer higaange sinn a beim Musée d'Art moderne fir d'éischt eng Analyse de sol gemaach hunn, dann eng Expertise „grandeur nature" gemaach hunn, déi 13 Millioune kascht huet, wou all méiglech Facetten duerchgekuckt an duerchdiskutéiert gi sinn, a wou ee gesäit, dass herno awer Depassementer sinn, fir déi et an onsen Ae keng valabel Explikatioune gëtt. Mir géingen do gäre Pièce gesinn. Dat ass awer net méiglech. Et muss ee sech hei effektiv ganz zahlreich Froe stellen.

Beim Centre National Sportif et Culturel muss ee sech och Froe stellen. Mir hunn hei enger Entreprise iwwert de Marché forfaitaire eng Aarbecht ginn. An enger Äntwert, Mme Minister, déi Dir mir de 15. Februar vun dësem Joer ginn hutt, hutt Der gesot: „Dans l'hypothèse d'éventuelles imprécisions du texte de soumission, les soumissionnaires avaient la possibilité de demander des détails supplémentaires au pouvoir adjudicateur. C'est pourquoi le contrat de construction avait été conclu sur la base d'un prix forfaitaire non révisable."

Wann also eng grouss Baufirma, déi bal alles um Kierchbierg gebaut huet an där Zäit, wou Äre Virgänger do wor, déi bal en Exklusivrecht hat, wann déi e Prix forfaitaire ubitt, do wonnert et mech op eng Kéier, dass mer en Depassement kréie beim Daach, beim Gros-œuvre, de Fassaden an dem Parking provisoire. Dat sinn awer Saachen, déi bei esou engem Bau musse viraus geplangt sinn.

Da steet hei „vérification des culées de fondations". Wat sinn d'Grënn vun der „vérification des culées de

fondations"? Sinn dat Aarbechten, déi eng Expertise duerstellen? Wat ass d'Resultat vun där Expertise a wie muss déi Expertisëkäschten droen? Dach sécher de Responsable vun deenen Négligencen, an dat kann nuren den Entrepreneur sinn, dee bei deenen Aarbechten, déi e sollt plangen an aménagéieren, Négligencë gemaach huet. Hei muss ee ganz vill Froe stellen, d'autant plus mer dach och gesinn, dass hei dee berühmten Artikel ëmmer nees zum Droe kënnt vun den Aménagements extérieurs, wou mer och do nees 250 Millioune bäihuelen.

Et muss ee sech d'Fro stellen, ob hei net op eng Kéier verschidden Devien och nach hin an hier geschubst ginn, well bei deem Centre National Culturel et Sportif do gëtt et Problemer a keng kleng Problemer. An der Fro, déi ech der Mme Ministerin de 15. Februar gestallt hat, hu mer festgehalen, dass et Rësser an der Poutre gi sinn, déi dee ganze Centre dréit. Dat si ganz geféierlech Saachen, wou d'Stabilitéit vum ganzen Edifice a Fro gestallt ass, an dofir hutt Der mer och, Mme Ministerin, gesot, dass den 10. Mee 2000 déi Fissure festgestallt gi wier, an dass an enger éischter Expertise, déi vun der Baufirma gemaach gi wor - dat wor evident -, gesot ginn ass, dass do keng Problemer wieren, mais étant donné, dass eng Assurance tous risques chantier besteet, eng Contre-expertise géing gemaach ginn a gekuckt misst ginn, ob supplementar Mesurë misste geholl ginn, fir dee Bau ze stabiliséieren.

Mir froen ons: Wat huet déi Expertise erginn? Ass se scho fäerdeg? Well et ass mir gesot ginn, si wär virun de Vacances d'été fäerdeg. Wann dat nach net de Fall wier, Mme Ministerin, da musse mer ons nach 14 Deeg, dräi Woche gedëllegen, mä ech géing awer mengen, dass et wichteg ass, dass bei esou engem Bau d'Soliditéit vun deem ganzen Ensembel geséchert muss sinn, d'autant plus, an dat ass dat, wat ech wollt ervirsträichen, dass bei dësem Projet eng Assurance tous risques chantier geholl ginn ass.

Wat ass eng Assurance tous risques chantier?

Dat bedeit, datt déi Baufirma, respektiv de Bauhär - et hänkt dovun of, wie se elo ënnerzeechent huet - dee seet, wann et zu Irrtümer an där Konzeptioun komm wier, datt deen Ablack d'Assurance muss dofir grued stoen an déi Depassementer honoréieren.

Ech froe mech also, firwat mir elo mussen Depassementer bezuelen, wann eng Assurance tous risques chantier besteet. Et sief dann, datt och hei wesentlech Änderunge virgeholl gi sinn, déi net am initiale Cahier des charges virgesi waren, an also net konnte geplangt ginn, well de Bauhär nei Décisioune geholl huet. Da wéisst ech gären: Wat sinn déi Differenzen? Hei ginn et ganz vill Froen . . .

(Interruptions)

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Honorablen Här Henckes, ech soen, datt op der Säit 6 vum Projet alles am Detail opgezielt gëtt, wat bei dësem Depassement dran ass.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Mme Ministerin, ech hunn dat virdru virgelies wat do un Depassementer virgeholl gëtt, mä ech gesinn hei Toitures, Gros œuvres. Ech gesinn net an - bei der Fassad -, wann esou Depassementer sinn, wat dann nach eng Assurance tous risques chantier bedeit? Et ass justement fir dat ze évitéieren, wou een esou eng Assurance mécht. An do ginn et Froen, déi musse gestallt ginn. Ech stelle fest datt et keng Äntwerten dozou gëtt. Entweder wëllt een d'Assurance tous risques chantier net spille loossen; mä dann, hei ass et de Fall. Ech stellen nëmmen d'Froen, Mme Ministerin, ech constatéieren, datt bis elo vill Froen do sinn, mä Äntwerten e bësse manner. Ech wär frou, Mme Ministerin, wann Dir eis kënnt hei e puer Erklärunge ginn. Ech wëll och dem honorablen Här Weiler hei soen, datt ech dës Froe baséiert hunn op eng Äntwert, déi d'Mme Bauteminister mir ginn huet a wou se mir Äntwerten an Aussiicht gestallt huet.

(Interruptions)

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Dir liest ëmmer Saachen, déi iwwerhaapt net do stinn.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här Weiler, wann Dir wëllt esou gentil sinn, da liesen ech lech dat och nach eng Kéier vir: „Cette expertise est contrôlée par d'autres experts, qui termineront leurs travaux avant les vacances d'été. L'expertise révélera si encore des mesures supplémentaires doivent être prises". An et geet och Rieds, datt „l'assurance tous risques chantier était avertie". Doduerch datt déi avertéiert ginn ass, muss een sech d'Fro stellen, ob déi bezilt oder net? A wa se bezilt, firwat musse mir dann hei e Supplément de devis stëmmen? Dofir just d'Fro! Mir wollten iwwerhaapt, Mme Ministerin, lech froen: Wann ee wëllt an Zukunft e bësse méi a Rou plangen - an doriwwer wäert den Här Mehlen duerno nach schwätzen - wéi solle mer do an der Chamber procédéieren? Mä och vun der Regierung aus soll sech awer seriö iwwerluegt ginn, ob een net soll bei alle Chantieren eng Assurance tous risques chantier virgesinn. Ech mengen, da kéint een deene Problemer, déi mir hei hunn, entgéint trieden, mä ënnert där Konditioun, datt d'Assurance tous risques chantier dann och spillt, an et ass och kloer, datt, wa Programmännerunge kommen, dann deen Ablack d'Chamber muss implizéiert ginn, fir deene Programmännerungen zouzestëmmen, doduerch datt se dat sief et an enger Motioun festhält, sief et duerno an engem supplementaren Devis.

Wat nun déi Montanten ugeet, déi mir elo virleien hunn, esou ass et ganz kloer, datt d'Fonge schonn

engagéiert sinn, datt d'Aarbechte realiséiert ginn. An, wa mer dësen Devis hei net géife stëmmen, deen Ablack eng etlech Leit, déi elo nach op hir Sue waarden, net géife bezuelt ginn. Mä et ass op jiddfer Fall, wéi Äre Virgänger hei d'Chamber behandelt huet, déi Aart a Weis, wéi liichtsënneg hei d'Devien opgestallt gi sinn, déi Aart a Weis fir op d'Loi de garantie zréckzegräifen, fir am Prinzip de Bau méi bëlleg ze maachen, an a Wierklechkeet gesi mir, datt e méi deier ass, déi mer dénoncéieren. Mä vu déi Engagementer, déi geholl gi sinn, wäert d'ADR-Fraktioun sech bei dësem Projet de loi enthalen.

M. le Président.- Den nächste Riedner wär den Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Merci, Här President. Här President, ech wollt soen, datt mir als Gréng eigentlech frou sinn, datt d'Mme Minister, net wéi den Här Strotz et virdru gesot huet, gewëllt war, dëse Projet hei ze hannerleeën an hei ze bréngen, mä datt si dat huet misse maachen. Här Strotz, et ass net eng Saach vu guddem Wëlle vun engem Minister, obschonn datt ech d'Mme Minister muss luewe fir dat lescht Joer! Fir all déi Kéieren, wou si an d'Kommissioun komm ass a vun Ufank un effektiv bereet war, fir eis am Detail opzeklären iwwert déi eenzel Projeten, déi mir haut hei an deem Package proposéiert kréien. Mä et ass wéi gesot net eng Saach vu guddem Wëllen, ech wëll dat nach eng Kéier kloerstellen, et ass eng Saach vu Mussen, well eis Gesetzer dat virgesinn.

Ech muss och soen, . . .

(Interruptions)

Ech hu jo anschliessend och e Luef ausgesprach fir hir Bereetschaft a fir hir Transparenz, déi si der Kommissioun duerbruecht huet. Ech wëll awer och dobäi soen, datt et sech hei, wéi et och am Rapport steet, ëm Projeten handelt, déi vun der viregter Regierung ausgeschafft a vum viregte Parlament gestëmmt gi sinn. Fir d'Exécutioun war de Bauteminister responsabel, mä fir meng Begréffer huet eng Regierung nach ëmmer - och wann de Ressortminister responsabel fir den Detail vun engem Projet ass - eng kollektiv Responsabilitéit. Ech sinn och mam Här Scheuer d'accord, mat senger Remarque vu virdrun. Et sinn ëmmerhin zwee Projeten - dat ass de Geesseknäppchen an de Musée Pei - wou déi heiteg Bauteministesch an där viregter Regierung d'Ressortministerin war. Et muss een awer och soen: Wa se fir den Detail ka responsabel gemaach gi vum Bauteprojet, wou se sécherlech enk bedeelegt war un där Ausaarbechtung, kann ee se dofir net ganz aus der Responsabilitéit entloossen.

Ech mengen, wat wichteg ass, dat ass, wann een diskutéiert iwwert d'Depassementer insgesamt. Et ass den Ënnerscheed ze maachen tëschent enger ganzer Rei Saachen, déi natierlech ëmmer erëm kommen, egal wie baut, ob dat de Stat oder e Particulier ass. Imprévuë kënne virkommen, duerch all méiglech Ëmstänn, wou de Rapporteur der och eng Rei opgezielt huet, wou et net esou evident ass, ob dat Imprévuë sinn. Et gëtt der och wou et ganz kloer ass datt et keng sinn, an datt et Saache sinn, déi am ursprüngleche Projet vergiess gi sinn, oder, wann een dat net ka beweisen, läit zumindest de Verdacht bei enger Rei vu Saachen no, bewosst vergiess ginn ze si vum viregte Bauteminister.

Ech kommen nach dorop ze schwätzen. Mir hunn an deem Projet hei véier Depassementer gebündelt, déi sech op véier verschidde Projete bezéie vun der leschter Regierung. Ech wëll zwee Stéck hei opzielen, wou ech mengen, datt de Verdacht no läit, datt et net responsabel an och net ganz aliichtend ass, datt dat Saache kënne sinn, déi do vergiess gi sinn.

Dat éischt ass de Geesseknäppchen. Wann een nach kann domat d'accord sinn, datt duerch eng Rei Programmännerungen, wat d'Ausriichtung vun der Schoul ubelaangt, zum Beispill Atelieren oder Bibliothéiken aménagéiert gi sinn am Gebai, dann huet een awer seng Problemer domat, wann ee feststellt, datt op eemol e Parking massiv vergréissert gëtt an där Schoul, vu datt et awer plus ou moins kloer war, wéivill Schüler respektiv Enseignanten an der Schoul vertruede sinn. Da muss ee sech wierklech Froe stellen, wann een och nach weess, datt dee Parking, deen do aménagéiert gëtt, awer e substanziellen Undeel huet un deem Depassement beim Geesseknäppchen, ob dat net bewosst vergiess ginn ass.

Beim Centre national sportif ass et menger Meenung no nach vill méi krass. Och do sinn eng Rei Saachen, déi nogeholl gi sinn. Si hu sécherlech mat Argumenter ze dinn, déi een nach kéint acceptéieren. Mä wann een awer bei engem Centre national sportif iwwerhaapt kee Parking virgesäit, dann ass dat sécherlech net glafwierdeg. An et ass sécherlech scho guer net méi glafwierdeg, wann et e Bauteminister war, wéi dee viregten, dee vu vireran, wann et ëm en individuellen Transport gaangen ass, nawell keen Heel doraus gemaach huet, datt en net géing kleckere mäi éischter géing klotze wann et ëm d'Ausgabe geet.

Fir eis ass et net novollzéibar, datt beim Centre national sportif vu virera soll de Parking vergiess gi sinn. Och déi Aménagementer ronderëm de Centre national sportif, déi Alentouren, déi sech do ronderëm befannen, déi nodréiglech décidéiert gi sinn: Och déi si fir eis net novollzéibar, datt se bei deem Projet vu virera vergiess gi sinn. An ech mengen, och do läit de springende Punkt, wa mer an Zukunft iwwert deen Depassement diskutéieren, an do kommen ech duerno drop ze schwätzen.

Prozeduren huet een anzehalen, an déi muss een anhalen haut. Wat d'Kontabilitéitsgesetz ubelaangt oder eis Konstitutioun, wann ee wëllt an Accord mat deene stoen, muss ee wierklech ënnerscheeden tëschent Saachen, déi vu virera politesch gesteiert an engem Projet vergiess ginn, an dat huet, menger Meenung no, näischt mat Depassementer ze dinn, an deem Sënn, wéi de Rapporteur et hei erkläert huet. Fir mech ass dat kenges Falls acceptabel, well mer ansonsten hei als Parlament gréng Luucht gi fir all Minister an dat ass souguer, géing ech emol soen, onofhängeg vum Minister: Wann ee Bauteminister ass, da wëllt ee vill Saachen ëmsetzen a wann ee weess, datt een déi Méiglechkeeten huet, fir op déi doten Aart a Weis Saachen ewech ze loossen, fir contestéiert Projeten da besser duerchgesat ze kréien, dann ass dat sécherlech e Reflex, dee ganz oft spillt an oft ugewannt gëtt, fir da bei Projete bewosst Saachen ewech ze loossen. Et geet een dann dovun aus, datt de Käschtepunkt méi niddreg ass, respektiv well een dovun ausgeet - dat, wat een ewech léisst, ass och vläicht dat, wat kontestéiert ass -, datt een dann de Projet besser duerchgesat kritt.

An dat kann eiser Meenung no net sinn. Dat muss och an Zukunft schäerfstens condamnéiert ginn an et ass eigentlech fir eis net erstaunlech, datt bei deenen hei véier Projeten eng Rei där Saachen dobäi sinn. Mir hunn als Gréng an där viregter Legislaturperiod dacks drop opmierksam gemaach, datt dee fréiere Bauteminister eigentlech eng Procédure simplifiée agefouert hat, wat d'Bauteprojeten ubelaangt. Et war esou, datt de fréiere Bauteminister net nëmme keen Devis iwwer verschidde Projeten era ginn huet, mäi hien huet emol keng Projeten déposéiert bei verschiddene Saachen.

E Beispill, dat ech nach eng Kéier wëll zitéieren, wat ech awer scho méi wéi eng Kéier hei zitéiert hunn, ass dat vum CITA, wou deemols eng gréisser Ausenanersetzung stattfonnt huet tëschent dem fréiere Bauteminister an deene Gréngen, a wou de fréiere Bauteminister sech souguer eng Kéier hiräisse gelooss huet, mäi Fraktiounskolleeg Camille Gira op der Televisioun ze verunglimpfen, andeem hie gesot huet, den Här Gira hätt Brach am Kapp, dobäi muss ee soen: Nodréiglech muss ee feststellen . . .

(Interruptions)

Une voix.- Dat do ass falsch!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Ech huelen dat zréck, et ass zwar richteg, en huet gesot, hie géif Brach schwätzen, mä egal. Wat mer musse feststellen après-coup, ass datt villäicht éischter de Minister deen Owend op der Televisioun Brach geschwat huet, well mir krute Recht. De Minister ass forcéiert ginn, op verschidden Interventiounen hin, nodréiglech e Projet anzebréngen. Hien huet eng déck Ruge kritt vum Conseil d'Etat, wou hien op den Artikel 99 vun der Konstitutioun higewise ginn ass, an huet gesot kritt, datt hien an Zukunft seng eegestänneg agefouert Procédure simplifiée soll ënnerbannen.

Et ass awer esou, datt wann een an Zukunft wëllt weiderdiskutéieren, ee muss d'Chiffere kucken. Den Här Weiler huet hei dat Dokument zitéiert, wat mir an der Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire viru kuerzem vun der Bauteministesch presentéiert kritt hunn, woubäi ech muss soen, datt mer emol eng Kéier am Detail déi Chifferen do virgeluegt krit hunn. Ech wëll awer just dem Här Weiler soen, datt, wann hien hei seet, datt seng Fraktioun iwwert dës Chiffere gekuckt hätt a fonnt hätt, datt eigentlech déi grouss Opreegung net derwäert gewiescht wär, da kann ech natierlech net mat him d'accord sinn. Ech muss och dofir emol d'Chifferen zitéieren. Ech weess net, ob hien dat hei bewosst ewech gelooss huet, fir déi net ze zitéieren, mä op alle Fall: D'Chiffere schwätzen eng kloer Sprooch.

Mir hunn an der Kommissioun doriwwer diskutéiert, datt bei engem Gesamtinvestitiounsvolume vu 44,4 Milliarde Frang, an dat ass deemools och scho vun de Majoritéitsparteien an der Kommissioun gemengt ginn, nëmmen 1,1 % Depassementer hei an der Tabell erëmzefanne wären. Et muss een allerdéngs soen, datt an där Tabell hei, déi Schlussdifferenz, déi hei ausgerechent ginn ass, alleguerten déi Depassementer dra sinn, déi mer elo haut stëmmen. Verschiddener, déi mer scho gestëmmt hunn, si schonn hei aberechent ginn, dat heescht, deen 1,1 % Depassement am Général bezitt sech net op déi ursprünglech gestëmmte Projeten, mä op Projete wann se scho revidéiert sinn. Well wann een dat dovun erëm berengegt, da gesäit dee Chiffer ganz anescht aus.

Ech wëll lech nëmmen een zitéieren, wou mer haut eben en zousätzleche Kredit musse stëmmen, nämlech de Centre National Sportif et Culturel. Do eleng hu mer en Depassement par rapport zum Projet initialement voté vun 22 %. Ech wëll hei betounen, dass 22 % awer net näischt ass an dass dat sécherlech net nëmmen zréckzeféieren ass op kleng Imprévuen, déi kënne virkommen. An dass dat net esou ass, hunn ech jo gewisen un de Beispiller, wat de gréisste Käschtepunkt ass, dee mer musse bei deem Projet nodréiglech stëmmen.

Et ass och esou, wann een den Avis vum Conseil d'Etat liest, deen de Rapporteur a sengem Rapport erëmgeholl huet, wou de Conseil d'Etat dëst Gesetz analyséiert, muss ee soen, dass de Conseil d'Etat net zimperlech mat der Chamber, respektiv mat der Regierung ëmgeet an dësem Zesummenhank. De Conseil d'Etat schwätzt souguer vun Dysfonctionnementer an deem heite Kontext. E mengt do natierlech d'Virgehensweis an der Vergaangenheet mat deene Projeten. E seet souguer herno, datt en en Avis favorable géing ginn, well en der Meenung wär, dass

et elo op alle Fall net géing drëm goen, fir eng Regulariséierung vun der Prozedur nach weider ze verzögeren an dofir ass e frou, dass zumindest dat hei emol gemaach gëtt. Mä, wéi gesot, de Conseil d'Etat geet net zimperlech a sengem Avis ëm an e konfirméiert eigentlech éischter dat, wat mir hei ëmmer kritiséiert hunn an der Kommissioun ronderëm d'Depassementer, a mir louchen do éischter richteg wéi falsch.

Ech begréissen et, datt den Här Weiler elo endlech déi Ouverture gemaach huet a seet, datt d'Majoritéit sech net méi wëllt streiden iwwert Detailer a Prozeduren, datt se d'accord wier mat allem wat kéim vu Prozedur an der lwwerganksphas, bis mer eng Kéier méi eng laangfristeg Solutioun fonnt hunn, vläicht am Sënn wéi d'Mme Bauteministesch se proposéiert huet, e bëssen à l'instar vun deem wat an Däitschland existéiert huet, eng Prozedur, där mir eis als Gréng sécherlech net wëlle verschléissen, fir se ze diskutéieren. Mir hunn och an der Kommissioun gesot, datt mer en attendant net solle streiden, mä eng uerdentlech Prozedur fannen am Konsens.

Ech mengen, wa mer dat vun Ufank u gewielt hätten, da wiere mer scho längst zu engem Konsens komm an dann hätte mer net esou laang misste streiden, well dat Eenzegt, dat ech ëmmer an der Kommissioun an och am Plenum verlaangt hunn, ass, datt mer ugesiichts der aktueller gesetzlecher Grondbasis, dat heescht, dem Kontabilitéitsgesetz engersäits an der Konstitutioun anerersäits, näischt sollen décidéieren, wou mer och nëmmen am Geréngsten an de Verdacht kënnte kommen, datt mer géint déi Gesetzer géinge verstoussen. An ech hu gesot, datt wa mer zum Beispill wëllten eng Prozedur wiele wéi déi, déi vun de Majoritéitsparteien zu engem gewëssene Moment an der Kommissioun proposéiert gi war, datt menger Meenung no nach misst d'Kontabilitéitsgesetz op engem gewëssene Punkt ergänzt ginn, fir deem Rechnung ze droen.

Dat heescht also, datt wa mer an Zukunft elo wëllen, da kënne mer an deenen nächsten zwou, dräi Wochen an der Kommissioun relativ séier eens ginn, fir eng lwwerganksprozedur am Konsens ze fannen. Eis ass et net drëm gaangen, fir alles ze blockéieren, mä fir eng transparent Léisung ze fannen. Ech wëll och soen, datt - an et ass dat, wat oft vergiess gëtt an deenen heiten Diskussiounen -, wa mer hei iwwert Depassementer diskutéieren, da geet et net ëm de Jugement vun der Opportunitéit vun deene Saachen, déi décidéiert gi sinn, net ëm de Jugement vun der Opportunitéit vun de Projeten, mä et geet reng ëm eng finanztechnesch Geschicht, et geet ëm eng Saach, déi dozou muss féieren, datt mer effektiv eng uerdentlech Applikatioun kréie vun eisem Kontabilitéitsgesetz an dat si mer eis schëlleg, zumools no deem wat mer an der leschter Législaturperiod erlieft hunn op verschiddene Pläng, a wou mer jo souguer an enger Spezialkommissioun eng Rei Resolutiounen ugeholl hunn, déi relativ wäit gaange sinn an hirer Formulatioun, déi ech awer elo net haut an dësem Kontext all wollt nach eng Kéier rappeléieren.

Ech si frou, datt d'Asiicht komm ass, fir elo e Konsens ze fannen, an ech ginn dann och dovun aus, dass mer an deenen nächsten zwou Wochen an der Kommissioun dee séier wäerte fannen.

Zu de Projete vun haut ass et natierlech esou, datt mir eis wäerten enthalen, net well mer wëllen domat zum Ausdrock brëngen, datt mer wëllen déi Projeten ophalen oder stoppen. Et ass einfach esou, datt mir deemools bei zwee vun deene véier Projeten dergéint gestëmmt hunn, well mer géint déi Projete waren. Bei engem hu mer eis enthalen a bei deem aneren hu mer dofir gestëmmt. Ech hätt och nach kënne soen, mir froen hei e Vote par division iwwert déi véier Projeten, mä ech gesinn dat net esou richteg an.

Ech mengen, et geet duer, wann ech hei soen, datt mir eis enthalen, engersäits fir net déi Aarbechten opzehalen, déi souwisou scho wäit fortgeschratt sinn. Mir sinn, och wa mer deemools géint e Projet gestëmmt hunn, natierlech net der Meenung, dass een op Basis heivunner deen erëm soll ofrappen, mä well mer awer deemools prinzipiell géint eng Rei Projete waren, enthale mer eis hei beim Gesamtvote zum Projet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Bausch.

Den Här Aloyse Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Här President, mat der Opstellung vun Devië bei grousse Bauten ass et oft esou wéi mam Statsbudget selwer. D'Einnahmen an d'Ausgabe ginn ënnerschat. An der Ausféierung ginn dann déi zwou Zuele regelméisseg méi héich wéi se ursprünglech ugeholl gi waren.

Bei grousse Baute mag och d'lddi derhannert stoen, déi géing heeschen: Gesitt Der, watfir schéi Saache mer fir lech kënne bauen an och nach mat esou wéineg Geld.

Am Laf vun der Exekutioun ginn da geméinlech d'Devien iwwerschratt. D'Erklärungen dozou sinn oft liicht ze fannen. Et ware Saachen net viraus ze gesinn, vläicht duerch d'Buedemverhältnisser oder Ähnleches, oder de Bauvolumen ass vergréissert ginn oder d'Destinatioun ass geännert ginn.

Wann awer lwwerschreidunge vun iwwer 20 % ze verzeechne sinn, dann ass d'Begrënnung wéineger plausibel, besonnesch wann d'Schwieregkeeten op technesch, konzeptionell Froen zréckzeféiere sinn, wéi dat beim Sportszenter de Fall war.

Ech hunn dofir Problemer mat dësen Devisiwwerschreidungen, och aus Grënn vum Soumissiounsge-

setz. Déi, déi d'Soumissioun op der Basis vum ursprünglechen Devis gewonnen hunn, kréien elo zousätzlech e weidere Marché vun Honnerte vu Milliounen, awer ouni weider Auschreiwungen.

En Deel vun den zousätzleche Käschte kommen duerch de Bau vun ënnerierdesche Parkingen, ouni dass eng Verbesserung vum öffentlechen Transport och nëmmen erwähnt gi wier. Et ass hei esou, wéi mer dat virun e puer Deeg hate beim Lycée vu Mamer, wou och elo, ouni eng Ubannung un den öffentlechen Transport, envisagéiert oder geplangt gëtt, fir d'éischt emol Autoparkingen ze schafen.

E groussen Deel vun der Erhéijung vum Käschtepunkt vum Prisong zu Schraasseg gëtt duerch déi 2,5-fach Vergréisserung vun enger Grousswäscherei ervirgeruff. Eng Grousswäscherei vu 25 Tonne Kapazitéit den Dag bréngt wuel och Ëmweltproblemer mat sech, an ech stelle mer d'Fro, ob dee Problem do genügend Opmierksamkeet kritt huet, wat d'Noklärung vum Waasser ubelaangt, wat déi noutwendeg Zäit ubelaangt, fir de biologeschen Ofbau vun de Wäschmëttel ze garantéieren, ier dat an d'Sir offléisst, well mir wëssen, op där Plaz ass d'Sir nach relativ propper, an et wier wierklech net verantwortlech, wann duerch eng Anlag eng Verschmotzung vun der Sir géing ervirgeruff ginn.

Et stellt sech eng weider Fro mat där doten Déngschtleeschtung un d'Spideeler. Déi Prisonnéier, déi do schaffen, verdénge jo nëmmen e puer Frang den Dag. Bezuelen d'Spideeler de Käschtepunkt, deen entsteet duerch dës niddreg Léin, wat eng indirekt Subventionéierung vun de Spideeler géing bedeiten, oder gëtt nom Maartpräis verfuer? Da stellt sech d'Fro, ob déi Suen dem Prisong zegutt kommen oder ob de Stat se direkt asäckelt.

Allgemeng kann ee sech och d'Fro stellen, ob eng Wäscherei am Prisong déi richteg Aktivitéit ass, wann ee weess, dass d'Spezialiste vum Wäschen, besonnesch vum Geldwäschen, jo ni op Schraasseg komme wäerten. Dat hellegt Bankgeheimnis hält schützend seng Hand iwwer se.

(Interruption)

Si wiere gutt do, well et jo Spezialiste sinn, awer eist Bankgeheimnis hält, wéi gesot, déi schützend Hand iwwer se.

Ënner all dësen Ëmstänn a Virbehalter, Här President, kann ech meng Zoustëmmung zu dëse Kreditiwwerschreidungen net ginn.

M. le Président.- Merci, Här Bisdorff.

Nach ageschriwwen ass den Här Robert Mehlen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).-* Här President, ech wëll d'Kolleeginnen an d'Kolleege berouegen. Ech wäert meng Zäit net all opschaffen, well ech hu vollt Verständnis dofir, dass bei deem schéine Wieder, dat dobaussen ass, jidderen drop gammst, fir un d'frësch Loft ze kommen, mä et ginn awer e puer Saachen, déi ech hei wëll lassginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn hei mat engem Projet befaasst, dee véier Amendementer beinhalt zu Bauprojeten, fir insgesamt 2,2 Milliarden. Dat ass, egal wéi een et kuckt, staarken Tubak, trotz verschiddenen Adaptatiounen an Extensiounen, déi nodréiglech virgeholl gi sinn an déi och en Deel vun deenen Iwwerschreidungen explizéieren.

En aneren Deel ass net esou liicht ze explizéieren. En ass scheinbar drop zréckzeféieren, datt net gutt geplangt ginn ass, datt net gutt gerechent ginn ass, an, et muss ee sech d'Fro stellen, ob vläicht zu deem Zäitpunkt de Käschtepunkt bewosst wollt niddreg gehale ginn, fir den Accord vun der Chamber ze kréien. Ech soen dat hei ëmsou méi geloossen, well ech jo där jetzeger Bauteministerin, déi mer hei vis-à-vis sëtzt, ganz sécher déi Virwërf net ka maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'Konstitutioun seet am Artikel 99, datt bei groussen Objeten eng Loi spéciale muss votéiert ginn. Mir hunn eng Kéier gesot kritt vun eisem Justiz- a Budgetsminister, deen Term „loi spéciale" géing et eigentlech net ginn. E steet awer an der Konstitutioun an et kann een dovun ausgoen, dass wann de Verfassungsgeber, d'Pappe vun eiser Konstitutioun, dat deemools esou geschriwwen hunn, datt se op kee Fall wollten, dass grouss eenzel Projeten, déi vill Geld kaschten, an Zäite wou d'Statskeessen net esou voll ware wéi se dat haut sinn, dass d'Chamber sech iwwert d'Utilitéit an de Käschtepunkt vun all eenzelne Projet sollt am Detail ausspriechen.

Ech gleewen och, dass soulaang wéi mir näischt aneschtes wëllen a wéi sech hei keng qualifizéiert Majoritéit fënnt, fir dat ze änneren, eis och an Zukunft sollen dorun halen, datt déi Iddi vum Verfassungsgeber och haut eigentlech nach gutt a richteg ass.

Dat setzt viraus, datt den Objet vun där Investitioun kloer definéiert gëtt, datt gutt an am Detail geplangt gëtt, datt en exakten Devis ausgeschafft gëtt an datt déi Enveloppe budgétaire, déi hei gestëmmt gëtt, zimlech no bei der Realitéit soll leien, et sief dann, et muss een ëmmer hannendru lafen. Dat ass jo dann awer e penible Prozess, et sief dann, et läit wierklech eng valabel Explikatioun vir. Wann eppes méi grouss gebaut gëtt, et komme Klassesäll bäi oder ech weess net wat, dann as dat jo ze erklären. Mä eis Suerg muss déi sinn, dass mer méiglechst no bei der Realitéit leien. Ech mengen, do si mer eis alleguer eens.

Wann Depassementer duerch en nodréigleche Changement de programme entstinn, dann ass dat sécher

an der Rei, mä, ech mengen, mir sinn eis doriwwer eens, datt dofir den Accord préalable vun der Chamber soll ageholl ginn, an Zesummenaarbecht mat där Kommissioun, déi fir dee Beräich normalerweis zoustänneg ass.

Aner Ursaachen, ausser an extremen Ausnahmen, groussen Imprévuen, déi sech um Terrain kënne presentéieren, däerf et an Zukunft net méi ginn.

D'Aufgab vum Parlament ass eigentlech eng duebel: Éischtens de Projet ze stëmmen. Do ass d'Bautekommissioun, Här President, ganz sécher gefuerdert, fir dee Projet net nëmmen iwwerflächlech ze kucken, mä fir en am Detail ze examinéieren, ob e wierklech no bei der Realitéit läit, bei deem wat d'Besoine sinn, an da kënnt eng aner Notioun dobäi. Dat ass d'„bonne gestion des deniers publics". Dat heescht, ob mat deem Geld, dat de Steierzueler eis zur Verfügung stellt an dat investéiert gëtt, de Maximum fir d'Bierger dobausse realiséiert gëtt.

Den zweete Schrëtt ass dee vun der Kontroll vun der Exekutioun. Dofir hu mer jo déi nei Kommissioun geschaaft. Dofir hu mer och d'Chambre des Comptes reforméiert.

Ech erlabe mer de Conseil d'Etat kuerz ze zitéieren, wann e seet: „...estime que de telles anomalies sont intenables et surtout contraires à une gestion en bon père de famille des deniers publics". Dann ass dat jo och eng Opfuerderung un d'Parlament, fir an där Bezéiung seng Aarbecht an Zukunft méi exakt ze maachen. Dat muss och eis Suerg sinn.

Ech géif soen, bei der Roll vun der Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire spillen och déi dräi „E" mat, déi à la base si vun der Reform vun der Chambre des Comptes, nämlech d'Effikassitéit, d'Economicitéit an d'Effizienz. Ech soen net Opportunitéit. Dat ass e Choix politique. Mä et kann net sinn, dass gekuckt gëtt, ob dat iergendwéi am Rahme bliwwen ass. Et soll och effektiv gekuckt ginn, dass dat Geld, dat investéiert gëtt, méiglechst gutt ugeluegt gëtt an dass kee Gaspillage vun den Deniers publics gemaach gëtt.

Mir sinn, Här President, de Moment amgaang, de Kolleeg Krieps an ech, esou en Exercice ze maachen op verschiddenen Décompten. Et stellt sech an der Realitéit eraus, datt dat bal onméiglech ass, well dat, wat an der Loi budgétaire steet, nämlech dass een nodréiglech, par corps de métier, de Vergläich soll kënne maachen tëschent dem Devis, deen opgestallt ginn ass an deem wat et herno kascht huet, vu dass eng miserabel Codifikatioun gemaach ginn ass, dass een am Fong geholl, faute de documents de base, deen Exercice bal net kann duerchzéien. Dat däerf et an Zukunft jiddefalls net méi ginn.

Et muss nodréiglech méiglech sinn, fir kënne Punkt fir Punkt ze kontrolléieren: Wat war den Devis a wat huet et am Endeffekt kascht?

Ech wollt nach ee Wuert soen zu den zukünftege Prozeduren. Dat ass eppes, a meng Virriedner hunn et och gesot, wou mer ons scho laang Gedanke maachen, wéi et an Zukunft am beschte kënnt fonctionnéieren. Mme Minister, ech sinn der Meenung a meng Fraktioun mat, mir hunn driwwer geschwat, dass wa ganz grouss Objete solle realiséiert ginn, dass et vläicht gutt wär, well d'Planung jo awer eng gewëssen Zäit an Usproch hëlt, an och schonn eng ganz Partie Geld opziert, dass d'Chamber hei an engem Vote de principe géing soen: Mir sinn domat d'accord. Do soll ee soen, ëm wat et sech handelt a wou et soll hikommen.

Da soll awer och séchergestallt ginn, an ech hu mech gewonnert beim Lycée technique Mathias Adam, dass do Plangen op Terraine gemaach ginn, wou sech herno erausstellt, dass een déi Terrainen net an der Integralitéit ka kréien, an dass dofir déi ganz Planung zu engem ganz groussen Deel net kann esou ëmgesat ginn, ëmsoss war a vill Geld kascht huet, virun allem och Zäit kascht huet. Et brauch ee sech an deem Fall net ze wonneren, wann et dann esou laang dauert. Also fir d'éischt e Vote de principe.

Dat Zweet ass, dass d'Plange sollen ausgeschafft ginn an zwar esou, wéi se sollen ausgeschafft gi mat allen Detailer, dass jiddferee weess: Esou ass et. An da misst den Devis och ganz no bei der Realitéit leien, et ass jo souwéisou e gewësse Prozentsaz fir Imprévuë virgesinn. Da soll d'Chamber deen exakten Devis stëmmen an engem Vote définitif, a wann nodréiglech - dat ka jo ëmmer virkommen -, Changementer sollte kommen, da soll d'Chamber sech erëm eng Kéier hei driwwer ausspriechen, wéi zum Beispill am Fall vum Lycée doënnen, ob dat soll gemaach ginn oder ob et net soll gemaach ginn.

Wann esou Depassementer nach kommen, wann et méi kleng Beträg sinn, hu mir kee Problem, dass ee verschidde kleng Beträg an enger Loi collective zesummefaasst oder iwwert de Budget - d'Budgetsgesetz ass jo esou eppes -, votéiert. Wann et awer iwwer gewësse Beträg oder gewësse Prozentsätz par rapport zum gesamte Projet geet, si mer schonn der Meenung, dass et da soll an engem eenzelne Gesetz gemaach ginn, an da mengen ech, dass och eng richteg Interpretatioun vum Artikel 99 vun der Konstitutioun soll gemaach ginn.

Dat ass eis Contributioun. Den Här Henckes huet et gesot, mir enthalen eis wéinst verschiddenen Aspekter, déi eis bei deene véier Saachen net schmaachen, mä mir wëllen net dergéint stëmmen aus der Suerg eraus, dass déi Leit, déi do geschafft hunn an

déi scho laang op hir Sue waarden, dann och endlech hiert Geld kréien.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Bauteminister Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen der Chamber merci fir déi konstruktiv Debatt an déi gutt a positiv Ureegungen. Ech soen dem Rapporteur, dem Här Strotz, och merci fir säi Rapport an déi zügeg Fortschreidung vun den Aarbechten an der Kommissioun.

De Rapporteur huet a sengem Rapport déi Prozentsätz opgezielt, déi bei deene véier Projeten a Fro kommen. Et ass evident, dass et och mäi Wonsch ass, dass dat net méi virkënnt an deem Mooss, dass een awer op all d'Versteesdemech vun der Chamber muss kënne rechnen, wann et sech ëm justifizéiert Depassementer handelt.

Ëm wat geet et hei? Et geet haaptsächlech drëm, dass d'Regierung fir all Frang, dee se ausgëtt, der Chamber muss Rechenschaft ofginn. Dat steet an eiser Verfassung. Dofir hu mer Instrumenter, dofir huet d'Chamber eng Cour des Comptes, an dofir hu mer an der Chamber elo nach eng Kontrollkommissioun fir d'Exécution budgétaire auszeféieren.

An deem Fall, wou een déi Aufgab seriö wëllt maachen, muss een der Regierung och d'Méiglechkeet ginn, fir Projeten, déi se virleet, esou no wéi méiglech bei der Realitéit festzeleeën. Déi véier Projeten, déi mer hei opzielen, wann Dir den Historik vun deene kuckt, da gi se alleguer ganz laang zréck. De Geesseknäppchen, deen ass 1992 gestëmmt ginn, de Prisong ass och aus där Zäit, an do hu mer erlieft, dass am Verlaf vun de Jore sech nei Iddien erginn hunn, an dass doduerch einfach Änneruungen an de Programmer komm sinn. Dat sollt zwar och der Chamber virgeluegt ginn. Do sinn ech gäre bereet, dat ze maachen. Et huet een awer net ëmmer 10 Joer viraus den Iwwerbléck iwwer alles wat kënnt.

An deem Sënn sinn ech gären d'accord, fir op eng Prozedur ze kommen, déi zwee Votë géif beinhalten, wou een éischte Vote de Prinzip géif festhalen, wou een da mat deem éischte Vote och d'Käschte géif mat stëmmen, fir Expären a fir d'Aarbechten ulafen ze loossen, well et ass evident, wéi hei gesot ginn ass, dass et net däerf derzou kommen, dass mer op eemol friséiert Baupräisser hunn, dass entweder d'Regierung de Präis ze niddreg hält, fir en am ganze Volume vun der Bautätegkeet duerchzekréien, oder dass de Präis iwwerschat gëtt, fir jo nëmmen net an d'Gefor ze kommen, en Depassement ze kréien, well och dat wier e falscht Signal. A wann Depassementer kommen, déi drun hänken, dass den Devis net korrekt war, da kënnt dobäi nach zousätzlech déi Ongerechtegkeet, dass Entreprisen eventuell duerch e ganz bëllege Soumissiounspräis d'Soumissioun kritt hunn a sech herno mat Regiestonne rattrapéieren, an esou weider. Dofir musse mir à la fois d'Méiglechkeet kréien, fir d'Maîtrise vun de Baupräisser ze hunn a fir awer och d'Korrektheet vun der Berechnung vum Initialdevis esou no wéi méiglech bei der Realitéit ze halen.

Wou ganz vill Zäit verluer geet a kostbar Energië verschwennt ginn, dat ass bei der Erstellung vun de Bauprogrammer. Do missten all Regierungsdepartementer, déi Wënsch hunn an déi gäre gebaut hätten, sech bei de Programmer och professionell berode loossen, an dann natierlech och iergendwann den Dossier zoumaachen, well deen, dee baut, dee fënnt wuel keen, deen net ëmmer nach eng gutt Iddi huet, a jiddfereen, dee schonn emol eng Kéier gehollef huet, e Bauprojet ze erstellen, dee weess, dass iergendwann ëmmer nach ee kënnt a seet: Dat do, dat kënnt der och nach maachen. An dann ass et an der Regel net esou, dass een deem gäre seet: Et ass eng schlecht Iddi. D'Erstellung vun de Programmer misst wierklech korrekt a professionell der Chamber virgeluegt kënne ginn, fir dass een do net onnëtz Iwwerraschunge kritt.

Wat d'Alentouren ugeet, do sinn ech wierklech der Meenung, Här President, dass mer dat vun enger anerer Säit hier musse kucken. Et ass net esou, dass der Chamber ganz bewosst hei eppes virenthale gi wier, well wéi den Här Goebbels de Projet vum Pei-Musée virgeluegt huet, do huet e ganz klor an de Projet de loi net dee Saz geschriwwen, dee soss ëmmer bei all Bauprojet hannendru steet: „Y compris l'aménagement des alentours". Dat stong bei deem Projet net dran. Dat heescht, de Minister huet e Projet virgeluegt, wou klor war vun Ufank un, dass d'Alentouren net dra wieren, well soss hätt deen do Saz dra gestanen.

Firwat ass et meng Meenung, fir bei den Alentouren e separate Projet ze maachen? Ech mengen, mir sinn an enger Zäit ukomm, wou de Bausseraum vun eise Stiet a vun eisen Dierfer ëmmer méi u Wichtegkeet anhëlt, a wou mer eis och emol d'Fro musse stellen no der Qualitéit vun deenen Aménagementer. Fir mech sinn Alentouren net nëmme méi eng Wiss oder eng Bamallee, mä et ass och e Schaffen um Paysage, wat praktesch och vu Paysagistë gestalt soll ginn. Et ass ee Kulturraum, et ass ee künstleresche Raum, an an deem Sënn kann ee bei Alentouren net einfach mat engem klenge Saz a mat engem vaguë Kredit sech der Saach erledegen, mä et soll een och dofir eventuell Concoure maachen a kucken, fir d'Qualitéit vun eisen Alentouren esou ze gestalten, dass se net

nëmmen einfach eng Funktioun erfëllen, ouni awer och eng kulturell Ausso ze maachen.

An deem Sënn versichen ech déi eenzel Froen nach ze beäntweren, déi zu dëse véier Projete gestallt gi sinn. Wa mer d'Debatten noliesen, déi et bei deene véier Projete ginn huet, da gesäit een, dass et äusserst kontrovers Projete waren, sief dat ëm d'Buanderie vum Prisong oder sief dat natierlech ëm de Musée d'Art moderne, woubei ech frou sinn, dass och hei vum Här Bausch déi Distinctioun gemaach gëtt, datt net d'Opportunitéit an d'Exécutioun solle vermëscht ginn. Ech mengen, d'Chamber huet d'Geleeënheet, fir sech iwwert d'Opportunitéit auszeschwätzen. Dat huet näischt dermat ze dinn, dass se dann net gären awer en Droit de regard hätt iwwert d'Exécutioun. Déi Saache muss een och kënne vuneneen trennen.

Ech héieren net gären, dass ee viraussetzt, dass, aus politesche Grënn gesteiert, et vergiess gi wier, verschidde Saachen an e Bauprojet anzepaken. Dat ass natierlech keng gutt Praxis, dat ass och bei deene véier Projeten net gemaach ginn, mat Ausnahm vun den Alentouren, déi ganz bewosst aus deem virgenannte Grond beim Musée d'Art moderne net mat erageholl gi sinn.

Et soll net hei virewech geholl ginn, dass et schlecht Absichte vun der Regierung wieren. Wa mer vu gudden Absichte vun der Regierung aus kënne goen, da muss se och op all Froen eng Äntwert hunn. Da muss ech awer hei dem honorabelen Här Henckes soen, Här President, dass en, menger Meenung no, zwou Saache matenee vermëscht, well déi Depassementer, déi mer hei stëmmen, déi hunn näischt ze di mat deem Litige, dee mer nach hu beim Centre sportif. Ech hunn dat an der Kommissioun ganz klor gesot. Mir hunn ee Litige, wou et ëm Responsabilitéite geet, a wou mer an engem éischten Expärebericht elo gesot kritt hunn, d'Statik wier an der Rei. Déi Affär ass awer juristesch nach net eriwwer. Dat ass net datselwecht, wat an dësem Projet de loi steet. Hei si lauter Depassementer déi beluegt sinn, firwat dass se kommen a firwat dass se sinn. Och ass et selbstverständlech, dass mir fir all Chantier eng Assurance tous risques hunn. All Chantier huet selbstverständlech och seng Garantie décennale, wéi dat bei deenen normale Prozedure vun den öffentleche Bauten de Fall ass.

Pour le reste soen ech alle Fraktioune merci fir déi konstruktiv Debatt an denken, wa mer mat deenen nächsten Depassementer kommen, wou deen éischte Projet ganz sécher dee vum Dikrecher Kolléisch wäert sinn, dass mer dann och do op d'Wuelwolle vun der ganzer Chamber stoussen.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)

D'Artikelen 1 bis 6 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4717.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 46 Jo-Stëmme bei 12 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz (par Mme Nelly Stein), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Georges Wohlfart), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;

Se sont abstenus: M. Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

D'Sitzung vun haut ass ofgeschloss. Déi nächst Sitzung ass muer de Mueren um 9 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.32 heures)